*(Assentiment)*

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4772 iwwert den CNA an de Kulturzentrum zu Diddeleng. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Mme Stein an déi Hären Di Bartolomeo, Graas, Jaerling, Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Ady Jung.

## 2. Projet de loi 4772 relatif à la construction d'un bâtiment pour le Centre National de l'Audiovisuel (CNA) et le Centre Culturel Régional de Dudelange

*Rapport de la Commission des Travaux publics*

**M. Ady Jung** *(CSV), rapporteur.-* Här President, honorabel Kolleeginnen a Kolleegen. Et war de 16. Februar dëst Jor, wéi d'Mme Minister vun den Travaux publics dëse Gesetzesvirschlag déposéiert huet a mir si frou fir haut, net grad véier Méint méi spéit, de Projet de loi 4772 hei zur Ofstëmmung kënne virzeleeën.

Et sief drop higewisen, datt schonn am Joer 1991 d'Regierung sech fir eng Erweiderung vun de Raimlechkeete vum Centre National de l'Audiovisuel ausgesprach hat. D'Stad Diddeleng hat hirersäits hiren Interessi fir e regionale Kulturzentrum ugemellt, fir hir Museksschoul engersäits, awer och aner kulturell Strukturen ënnerzebréngen, déi iwwert den Territoire vun der Stad Diddeleng verspreet leien.

Uganks 1996 haten d'Mme Minister vun der Kultur an de Buergermeeschter vun der Stad Diddeleng, den Här Mars Di Bartolomeo, eisen Deputéiertekolleeg, sech gemeinsam zur Iddi, fir dës staatlech a kommunal-regional Infrastrukturen ënner engem Daach ënnerzebréngen, ausgesprach, eng Léisung vun enger kultureller Kohabitatioun, déi bis dato hei am Land hiresgläiche sicht.

Den Terrain, deen heifir zur Verfügung steet, am sougenannte „Schnauzelach", läit no bei de fréiere Killweieren, déi noutwendeg war fir d'Héichiewe vun ARBED-Diddeleng.

A mengem perséinlechen Numm wëll ech hei zum Ausdrock bréngen, wéi grouss d'Satisfaktioun vun der Ministesch, der Mme Erna Hennicot-Schoepges, engem Diddelenger Meedchen, dierf sinn, déi an duebler Eegenschaft als Bauten- a Kulturministesch an hirer Gebuertsstad esou en imposante Bauprojet realiséiere kann.

Dem Projet läit en ausféierlechen Exposé des motifs bäi, mat Pläng an enger geneeër Beschreiwung vun den Aarbechten, déi auszeféiere sinn, sou wéi och e Programm vun de Bauaarbechten an de geschätzten Ausgaben. Et sinn dëst 785 Millioune Frang u Baukäschten, opgedeelt op 315 Millioune Frang „gros œuvre", 259 Millioune Frang fir technesch Installatiounen an 211 Millioune Frang fir de Parachèvement. Dobäi komme 488 Millioune Frang Zousazkäschten, woubäi niewent dem Mobiliar, dem Décor artistique an dem Aménagement extérieur, d'Entsuergung an d'Virbereedungsaarbechte vum Terrain 100 Millioune Frang kaschten, an, well et sech nun eemol ëm e Gebai mat ganz spezifeschen Aufgaben handelt, 156 Millioune Frang fir spezial Equipementer noutwendeg sinn.

Virsiichtshalber goufen dann nach 75 Millioune Frang fir Imprévuen agerechent. Dat Ganzt zousätzlech 15 % TVA beleeft sech am Total op 1.463.950.000 Frang. Op dëse Betrag kommen da ronn 120 Millioune Frang un Honorairen, plus 14,4 Millioune Frang TVA op dësen Honorairen, wat sech da schlussendlech op ee Gesamtkäschtepunkt, no uewen opgerënnt, vun 1,6 Milliarde Frang beleeft, ëmgerechent 39.663.000 Euro.

De Projet de loi hält dës Endbeträg fest, mat der Réserve vu gesetzlechen Haussen, déi am Laf vun den Aarbechten antriede kënnen. D'Ausgabe selwer gi vum Fong fir öffentlech Verwaltungsgebaier erofgeholl, woubäi d'Bedeelegung vun der Stad Diddeleng proportional ze droen ass, esou wäit de Centre culturel régional um Gesamtbau bedeelegt gëtt. Dës Bedeelegung gëtt an enger spezieller Konventioun tëschent dem Stat an der Gemeng Diddeleng festgehalen.

A senger Sëtzung vum 28. Mäerz 2001 gouf der Kommissioun vun den Travaux publics an der Kommissioun vun der Kultur, dem Enseignement supérieur an der Recherche de Projet virgestallt, a béid Kommissioune krute regierungssäiteg Äntwerten op all Froen, déi gestallt goufen. An därselwechter Sëtzung lung och en Avis positif vum Statsrot vir, an deem leedeglech minim Textännerunge virgeschloe goufen, déi esouwuel vun der Regierung wéi och vun de virgenannte Chamberskommissiounen eestëmmeg ugeholl goufen.

Wat nun de Centre National de l'Audiovisuel, de CNA, ubelaangt, esou steet him künfteg eng Gesamtfläch vun 3.292 $m^2$ zur Verfügung. Dës Fläch begräift Säll a Raimlechkeeten, déi fir déi klassesch Aktivitéite vun esou engem Zentrum erfuerdert sinn. Heibäi sief ervirgehuewen d'Erstelle vun enger Fotothéik, d'Versuerge vu Film- a Fotomaterial, an nët ze vergiessen d'Sanéiere vu wäertvollen Ënnerlagen, déi och nach fir kommend Generatioune vun engem onschätzbaren historesche Wäert sinn. Et handelt sech hei ëm d'Erhale vun engem Kultur-Patrimonium, wat net ouni modern an effizient technesch Hëllefsmëttele méiglech ass. Ugemiesse Raimlechkeeten a Säll

erlaben dann och d'Virféierung vun dem archivéierte Film- a Fotomaterial, an net ze vergiessen iwwer 900 $m^2$ Archivraim stinn zur Vergügung.

Wat elo de Centre Culturel Régional ubelaangt, esou huet d'Stad Diddeleng der Kultur e grousse Stellewäert zouerkannt, wat allerdéngs a muncher Hisiicht besser raimlech Strukture verlaangt. Ech wëll hei am besonneschen op déi regional Museksschoul hiweisen, déi ufänglech nëmme fir Diddelenger Schüler geduecht war, mä wou awer haut déi meescht vun deenen insgesamt 700 Elèven aus den Nopeschgemengen an dës regional Museksschoul kommen. Et huet sech also erginn, datt sech heifir nei Raimlechkeete förmlech opgedrängt hunn. De Centre Culturel Régional vun Diddeleng beleet am Neibau eng Fläch vu 1.774 $m^2$, wou niewent de klasseschen Aktivitéiten, déi an enger Museksschoul enseignéiert ginn, polyvalent Säll a Raimlechkeete fir vielfälteg kulturell Aktivitéiten, nieft administrativem Raum, zur Verfügung stinn.

Esouwuel den CNA wéi och de Centre Culturel Régional verfügen dann iwwer Gemeinschaftsraimlechkeeten op enger Gesamtfläch vun 2.603 $m^2$, esou zum Beispill d'Réceptioun, d'Billetterie, d'Cafétéria, e Concertssall, Kinossäll, Raimlechkeete fir Ausstellungen an esou weider, dëst wuelverstane mat den noutwendegen techneschen Equipementer an ugemiessene sanitären Ariichtungen.

Dës Dualitéit vu kulturellen Infrastrukturen ënnert engem Daach erméiglecht et, esouwuel dem Centre Culturel Régional wéi och dem Centre National de l'Audiovisuel, hir Aktivitéiten an enger optimaler Form ofzewéckelen, an der Optik, an allen Hisiichten eng nei Dynamik ze entwéckelen a besonnesch an dësem Eck vum Land dat kulturellt Ugebuet ze perfektionéieren.

Dobäi sief awer däitlech ënnerstrach, datt de Centre culturel vun Diddeleng voll a selbständeg seng Aktivitéiten ze erfëllen huet, an den CNA sengersäits voll a ganz sengen nationalen Aufgaben nokomme kann. D'Zesummenaarbecht soll a muss gesicht ginn, do wou se noutwendeg ass, an do wou se jiddferengem op sengem Gebitt vu Virdeel ka sinn.

Dobäi muss een awer och ervirhiewen, datt dëst staatlecht a kommunaalt Zesummewierken net nëmmen d'Baukäschte verbëllegt, mä datt och déi lafend Funktionskäschte méi gënschteg ginn, wéi wa jiddferee säin eegene Bau opgeriicht hätt.

Wéi d'Kommissioun d'Texter an d'Ënnerlage gewëssenhaft ënnert d'Lupp geholl huet, gouf virun allem bedauert, datt trotz optimaler Wärmedämmung keng Infrastrukture vun erneierbaren Energië virgesi sinn. D'Kommissioun vun den Travaux publics huet dofir insistéiert, datt d'Regierung Weeër a Mëttele soll sichen, fir nodréiglech nach en Equipement photovoltaïque virzegesinn. Vu dës eestëmmeg Fuerderung kann ech mer net virstellen, datt d'Chamber zu engem spéideren Zäitpunkt Budgetsdépassementer, déi heimat verbonne wären, a Fro stelle kéint! Heizou bréngen ech eng entspriechend Motioun an, déi vun alle Fraktiounen heibannen ënnerschriwwen ass.

***Motion 1***

- *Saluant l'aboutissement des efforts en vue de doter le Centre National de l'Audiovisuel de nouvelles structures sous un même toit avec le Centre Culturel Régional de Dudelange;*
- *constatant toutefois que le projet ne comprend pas de crédit expressément destiné à l'installation d'équipements pour une utilisation rationnelle de l'énergie;*
- *considérant que la politique du Gouvernement a opté pour la propagation d'énergies renouvelables, entre autre pour l'installation d'équipements photovoltaïques dans les immeubles publics à construire;*
- *félicitant la volonté de Mme la Ministre, exprimée en commission, d'équiper le bâtiment d'une installation photovoltaïque, sans pour autant devoir amender le projet de loi 4772;*

*la Chambre des Députés*

- *insiste à ce que le bâtiment pour le Centre National de l'Audiovisuel et le Centre Culturel Régional de Dudelange soit équipé d'une installation photovoltaïque;*
- *ne voit dès lors aucun inconvénient que le devis inscrit dans le projet de loi 4772, approuvé par vote en date d'aujourd'hui, soit dépassé en conséquence.*

*(s.) Ady Jung, Mars Di Bartolomeo, Robert Garcia, Gusty Graas, Jacques-Yves Henckes.*

Ausserdeem huet d'Kommissioun d'Zuel vun nëmmen 69 geplangte Parkplazen als ongenügend ugesinn, a leet der Mme Minister no, dës Zuel ze verduebelen, wat ouni Terrainsproblemer méiglech ass.

Ervirhiewe wëll ech awer och, datt dat ganzt Gebai absolut handicapéiertefrëndlech gëtt, wat ganz besonnesch positiv ze bewäerten ass.

Zum Schluss huet dann d'Kommissioun drop bestanen, datt déi Konventioun tëschent dem Stat an der Gemeng Diddeleng esou séier wéi méiglech soll ënnerschriwwe ginn, Konventioun, déi esouwuel d'Partizipatioun un de Baukäschten wéi och un de Funktiounskäschte festleet.

Mat dësen Explikatioune wëll ech dann och de Membere vun der Kommissioun, déi mäi schrëftleche Rapport eestëmmeg ugeholl hunn, merci soe fir hir Mataarbecht, an ech bieden d'Chamber, genee esou eestëmmeg dëse wichtegen, awer och interessante Bauprojet ze stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Nelly Stein.

*Discussion générale*

**Mme Nelly Stein** *(CSV).-* Här President, Mme Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Well hien an den Detail gaangen ass vun all deenen technesche Froen, kann ech mech a menger Interventioun ganz speziell mat dem Filmpatrimoine vum CNA befaassen.

900 m$^2$ Archivraim, hu mer elo grad héieren, do kann ee sech froen: Wéi ass et dozou komm? Mir fannen ëmmer alles esou ganz normal a mer hannerfroen net. Déi Méi hunn ech mir gemaach an hunn erausfonnt, dass déi Verantwortlech vum CNA d'Archive mat ganz vill Méi opgebaut hunn an dat zënter ëmgeféier 12 Joer. A wann ee weess, wéivill Méi dat kascht huet, well do longe jo all déi Filmer iergendwou, sief et an engem Ministère, sief et an engem Tirang, engem Schaf. Mat vill Gedold gouf dat alles zesummegedroen, wat mat dem Lëtzebuerger Film ze dinn hat.

Eng éischt grouss an eemoleg Geleeënheet, fir unzefänken ze schaffen, war dem Philippe Schneider seng Kollektioun. Esoubal Raimlechkeeten zur Verfügung stongen, huet den CNA Kontakt opgeholl mat der CLT an huet de Fong vum Lëtzebuerger Cinéaste Philippe Schneider zesummegedroen. Déi vill Lëtzebuerger Filmer, déi de Cinéaste selwer gedréint hat, goufen opgeschafft mat éischten Equipementer a parallell zu dem Schneider-Fong si lues a lues méi Filmer derzou gestouss. Laut Kontrakt vun 1996 goufen esouwuel d'Filmarchiver wéi och d'Videosarchiver vun der CLT bei den CNA iwwerdroen.

De Moment leien dës Filmer deels am fréiere Magazin vun der ARBED, deels am Statsarchiv, deels zu Beidweiler, déi den CNA awer lues a lues eriwwer hëlt, wann déi nei Archive gebaut sinn. Déi Filmer ginn da lafend verschafft, dat heescht, wann et muss sinn, gi se eventuell restauréiert, informatiséiert, analyséiert, beschriwwen, gebotzt, numeréiert, a kommen dann an déi definitiv nei a modern Archiven, déi eise Lëtzebuerger Filmpatrimoine duerstellen.

D'Infrastrukture vum neien CNA droen ouni Zweifel zu enger neier kultureller Dynamik hei am Land bäi, déi sech an alleréischter Linn un déi breet Öffentlechkeet riicht. Zënter deenen 12 Joer vum Bestoe vum CNA konnte bis elo nëmme vereenzelt Projete verwierklecht ginn, déi zwar en enorme Succès an eng grouss Wierkung op de Lëtzebuerger Public haten an nach ëmmer hunn, mä déi nëmme punktuell konnten organiséiert ginn.

Mir däerfen awer net vergiessen, dass déi Verantwortlech vum CNA bei Null ugefaangen hunn, a wa se genuch Biller iwwert e bestëmmte Sujet haten, konnte se eréischt de Film fäerdeg maachen an op der Televisioun weisen, fir de Patrimoine bekannt ze maachen.

Den eelste Film, dee se erëmfonnt hunn, stammt aus dem Joer 1897, dee während e puer Sekonne weist, wéi d'Wënzer an de Wéngerte Mëttespaus gemaach hunn. Et ass och e Film erëmfonnt ginn iwwert d'Schampesfabrik Mercier. Do huet ee gesinn, wéi d'Leit an der Fabrik geschafft hunn. Et huet ee gesinn, wéi d'Kanner geschafft hunn, an et huet ee gesinn wéi de Schampes agefëllt gouf. Den CNA denkt och elo drun, dës eigentlech Films lumières vun eisem Patrimoine als Cassette erauszeginn.

Een aneren Documentaire iwwer Iechternach ass erauskomm, an opgrond vu ville Filmstécker, déi iwwert d'Sprangprëssessioun fonnt goufen, ass eng Cassette entstane mam Titel: „Iechternach am Spigel vun 100 Joer Archivbiller."

D'Aarbecht vum CNA gouf ëmmer méi professionnel, dat esouwuel wat d'Vertounung vum Film wéi och wat déi richteg Chronologie betrëfft. Historiker goufe mat bäigeholl, esou dass ee ka soen, dass et sech hei ëm regelrecht Archivproduktiounen handelt.

Ervirzehiewe sief an dësem Zesummenhank e Film „Feier an Eisen". D'Equipe vum CNA huet heifir Filmer, esougenannt Promotiounsfilmer vun der ARBED vun 1923 erëmfonnt. Stécker goufen zesummegesat an dank der Sisyphusaarbecht vun dem CNA hu mer haut dee gréissten Industriefilmpatrimoine. Déi ursprünglech Iddi vum CNA huet dora bestanen, d'Mémoire collective audiovisuelle opzebauen. Filmer, Fotoen, Videoe sinn nämlech wäertvoll Dokumenter, déi eis u vergaangen Zäiten erënneren, sief et un déi méi schéin, oder sief et un déi méi däischter Stonnen.

Esou laang wéi de CNA awer net déi richteg Equipementer hat an net genuch Leit, fir alles zesummen ze droen an ze verschaffen, esou laang war d'Mémoire collective en eidelt Wuert. Dat huet sech am Laf vun de Joren awer geännert an haut kënne mer soen, dass mer räich u Biller sinn an zwar dank der Ausdauer an dem Initiativgeescht vun der Equipe vum CNA an, an dat ass ze betounen an ass begréissenswäert, dank der Mathëllef vun alle Leit.

Den CNA huet nämlech am Joer 1995 op der Foire en Opruff un de grousse Public gemaach, dass d'Leit hir 8-mm-Filmer oder Super-8-Filmer, déi se nach doheem hätten, net sollten ewechgeheien, mä se um CNA ofginn, fir datt se do kéinte restauréiert an erhale ginn. Dës Aktioun hat esou e groussen Erfolleg, datt haut am CNA esou vill Filmer leien, datt, wann ee se all géif kucken, dat bedeite géif, datt ee misst 5.000 Stonne Filmer vu Privatleit kucken.

Eleng fir dës Aarbecht, dat heescht fir de Patrimoine vun de Privatleit ze kucken, gouf eng Spezialistin a spéider nach eng agestallt. Dës Aarbecht huet sech wierklech gelount, well vill vun dëse Filmer kënne

weider verwennt ginn, fir méi grouss Dokumentatiounen. Zum Beispill folgend Filmer si ganz gutt ukomm a si baséieren alleguer op Filmer vu Privatleit - ech wëll nëmme 5 Stéck erwähnen -: „The little big one“ vum Pascal Becker; „Ech war am Kongo“ vum Paul Kieffer; „Lëtzebuerger um Mier an der Vakanz“ vum Anne Schroeder; dëse Film gouf iwwregens zu Lissabon op der Weltausstellung gewisen; „Histoire de Jeunesse“ och vum Anne Schroeder. Dat sinn eigentlech Filmer, déi berichte vun 1920 bis haut mat Commentairë vu Privatleit.

Mir gesinn, de Filmpatrimoine vun de Privatleit hëlt u Bedeitung zou. De CNA huet hei weider Verstäerkung fonnt bei der Association européenne des inédits, eng Initiativ, déi mat auslännesche Mataarbechter hëlleft, dee ganze soziologeschen an dokumentareschen Deel vum Patrimoine opzeschaffen, sou datt de CNA elo och international an deem Secteur täteg ass, an e wëllt och weider dorop opbauen.

Mir gesinn, d’Equipe vum CNA huet nach ganz vill Iddien, fir de ganze Service weider auszebauen a besonnesch fir de grousse Public nach méi deelhuelen ze loossen un hirer Aarbecht. Dofir wëll ech net ofschléissen, ouni dëser Equipe, un der Spëtzt déi dreiwend Kraaft vum CNA, dem Här Jean Back, an all senge Mataarbechter häerzlech merci ze soe fir déi wäertvoll Pionéieraarbecht, déi si während 12 Joer ënner ongënschtege Konditioune gemaach hunn. Ech wënschen hinne fir d’Zukunft déiselwecht Aarbechtsbegeeschterung wéi bis elo.

Un eis ass et natierlech, eisen Deel dozou bäizedroen an dat kënne mer maachen, wa mer dëst Gesetz stëmmen. Ech jiddefalls kann am Numm vu menger Fraktioun den Accord ginn an ech géif lech bieden, datselwecht ze maachen.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass de Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d’Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Bau vum regionale Kulturzentrum mat Musekschoul, Auditoire, Kinoen, Proufsäll an Atelieren an den Neibau vum CNA, dem Centre national de l’Audiovisuel, zu Diddeleng sinn e wichtegt Signal a Richtung noutwendeg Dezentraliséierung och an der Kulturpolitik.

Et ass eng Unerkennung vun der Aarbecht vum CNA an deene leschten 12 Joer an et ass och eng Unerkennung vun deenen Efforten, déi d’Stad Diddeleng um Gebitt vun der Kultur an deene leschten 20 Joer gemaach huet. Mir si frou, datt de CNA elo definitiv am Süde verankert gëtt an hëlleft, déi Konzentratioun vu schwéieren Infrastrukture ronderëm d’Stad - an ech nennen déi rezentst: d’Philharmonie, Neimünster an de Musée d’Art contemporain - ze nuancéieren. Mir waarden op déi aner Zentren, déi fir de Süde virgesi sinn, zum Beispill d’Rockhal zu Esch.

Den Diddelenger Kulturzentrum reit sech an an de Réseau vun deene regionale Kulturzentren un der Säit vun Ettelbréck, Iechternach, Gréiwemaacher, Miersch a sou weider. Méiglech gouf en, well d’Regierung am Budgetsjoer - an ech erënnere mech net méi genee, Mme Minister - 1995 oder 1996 déi ganz wichteg Décisioun geholl huet, fir regional Kulturzentren an Zukunft zu 50 % ze subventionéieren. Haut ernte mer d’Friichte vun däer doten Décisioun mat der Abetriebnahm vun enger ganzer Rei vu Kulturzentren, déi derzou bäidroen, d’Kulturliewen och an déi verschidde Regiounen eranzebréngen an dat Kulturliewen, dat sech do opgebaut huet, ze festegen.

Opgepasst allerdéngs - an ech wëll dat hei ënnersträichen -, well normalerweis bei deene Projete vu Kulturzentren, déi kofinanzéiert ginn, si Plaffonge virgesinn, Plaffongen, déi vläicht an der Vergaangenheet net ëmmer mat därselwechter Akribie verfollegt gi sinn, wéi mer dat wëllen hei zesumme bei deem heiten Zentrum maachen, sou dass heiansdo de Präis fortgelaf ass. A wann e Plaffong fir d’Participatioun vum Stat festgeluegt ginn ass, da riskéiert de Gemengen, déi hannendru sinn, heiansdo d’Loft auszegoen, also de Wonsch fir dat do mat enger wohlwollender Attitude ze suivéieren.

*(Interruption)*

Selbstverständlech!

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).-* Schwätzt Der vun der Motioun?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).-* Neen, neen ech schwätzen net vun der Motioun.

Selbstverständlech, do hutt Der ee ganz gudden Alliéierten an deem dote Beräich, Mme Minister.

Ech mengen, e logesche Schrëtt vun der Kofinanzéierung, wat de Bau vu Kulturzentren ugeet, ass och d’Kofinanzéierung bei der Animatioun, bei der Gestioun herno vun deene Kulturzentren. Do sinn Décisiounen a Preparatioun an och éischt Schrëtt gemaach ginn zum Beispill beim Kulturzentrum vun Ettelbréck, wou iwwer Subventiounen d’Animatioun mat ënnerstëtzt gëtt vum Stat. Besser, fir och méi Gewëssheet ze kréie fir déi, déi d’Kulturzentre bedreiwen, wär et, wa mer hei op de Wee vu Konventioune géife goen, wou jiddfereen da weess, wou en drun ass.

Och do, Mme Minister, hutt Der eis voll Ënnerstëtzung, wa mer op dee Wee ginn. Ech weess, dass dat net ëmmer sou evident ass, mä do kënnt Der mat där Ënnerstëtzung rechnen.

Den neien Zentrum entsteet op enger Friche industrielle vun der Diddelenger ARBED an der direkter

Noperschaft vum Stadzentrum, wou dann och déi Diskussioun iwwert de Präis vum Terrain komm ass. Mä déi muss ee ganz staark nuancéieren, well - an dat wëll ech Iech soen - an der Tëschenzäit am Stadzentrum vun Diddeleng Baulandpräisser bezuelt ginn tëschent 1 an 1,5 Milliounen. Wann een dat dann an deem doten Zesummenhang gesäit, da géif ech mengen, dass et e gudden Investissement vum Stad an der Gemeng war.

De Käschtepunkt vum Zentrum läit bei 1,6 Milliarden, wou duerch d'Bedeelegung iwwert d'Subventionéierung 1,3 Milliarden op de Stat falen a ronn 300 Milliounen netto, wann d'Subventiounen of sinn, nach un d'Stad Diddeleng.

D'Originalitéit ass vum Rapporteur, dem Här Ady Jung, ënnerstrach ginn, deem ech wëll félicitéiere fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. D'Originalitéit vun deem Zentrum läit doran, dass de Stat an d'Gemeng sech éischtmools an deem dote Mooss an an där dote Richtung ënner engem Daach zesumme fannen. Si probéieren, e gemeinsamen Zentrum ze valoriséieren, wat dofir misst biergen, dass et e liewegen Zentrum gëtt. Hei entsteet eng Kombinatioun tëscht Professionalismus an Amateurismus, tëscht den Expären, déi sech hei a méi klengem Krees erëmfannen, an dem „grand public", wat e ganz gudde Mix ass, deen dofir misst suergen, dass mer hei net nëmme Mauere bauen, mä scho vun Ufank un dofir suergen, dass Liewen an dat Gemaier era kënnt.

Fir Diddeleng ass de Kulturzentrum eng logesch Konsequenz vun där jorelaanger Opbauaarbecht um kulturelle Plang. Et ass een Element gewiescht vum Stadentwécklungsplang, wou mer festgestallt hunn, dass et eng Rei vu Schwächte bei de kulturellen Infrastrukture gëtt an nach eng Kéier ënnerstrach hunn, dass kulturell Animatioun, Kultur a kulturell Strukturen wichteg Elementer vun der Liewensqualitéit sinn, wichteg Facteure vun der ekonomescher Entwécklung.

Well et ass an der Tëschenzäit esou, dass, wann d'Leit wëllen investéieren, se kucken, wéi d'Ëmfeld an deene Gemengen ass. Eng trist, trostlos Gemeng riskéiert, manner Investisseuren unzezéie wéi eng lieweg, dynamesch Stad. An d'Kulturliewen ass sécherlech e wichtegen Integratiounsfacteur tëscht deene verschiddene Kulturen, déi sech an enger Gemeng erëmfannen. Bei eis an der Gemeng sinn ëmmerhi 70 verschidden Nationalitéiten, déi an enger Communautéit vu 17.700 Leit liewen.

Ech hu gesot, dass et eng logesch Konsequenz ass vun der kultureller Opbauaarbecht vun deene leschte Joren an eiser Stad, wou eng regional Museksschoul entstanen ass, déi an Tëschenzäit 700 Schüler emfänkt. Eng regional Museksschoul, well se net nëmme vun Diddeleng gedroen ass, mä och vun de Gemenge Beetebuerg a Réiser, déi se net nëmme mat notzen, mä och mat finanzéieren, wat och, mengen ech, beispillhafte Charakter huet.

Nieft der Museksschoul hu mer de lokale Musée, d'Galerie Dominique Lang, eng Konschtgalerie, dann d'Nei Liicht, déi eenzeg öffentlech Fotosgalerie, déi iwwerlieft huet a sech an den Déngscht vun der Promotioun vun der Fotografie stellt, eng regional Bibliothéik, déi och geplangt war, fir an de regionale Kulturzentrum eranzekommen, mä mir hunn, wéi mer eng éischte Kéier de Projet op de Leescht geholl hunn, gesinn, dass eis d'Käschte fortgelaf sinn, an dunn huet jiddfereen eng Rei vun Affer misse bréngen. Bei eis ass d'Bibliothéik dee Moment geaffert ginn. Mä, ce n'était que partie remise, mir hunn an der Tëschenzäit décidéiert, fir déi regional Bibliothéik an nei Gebailechkeeten ze implantéiere mattsen am Stadzentrum, wou se amplaz vun eppes méi wéi 100 $m^2$ iwwer 600$m^2$ zur Verfügung kritt. Och dat ass e Signal, dat mer wollte setzen. Mme Minister, domat wäerte mir Iech an nächster Zukunft nach eng Kéier ploen.

Dann hu mer zu Diddeleng - an dat ass och net vum selwe komm - eng zolidd kreativ Basis mat den Ensemblen, déi an de leschte Jorzéngte gewuess sinn. An zum kulturelle Liewe gehéiert eng excellent lokal Kreatioun, déi déi Gebaier verdéngt, déi hinne bis elo gefeelt hunn.

Mir hunn eng ganz Rei vu Virdiskussiounen zu deem dote Projet gefouert an et ass richteg, dass et éischter an enger spontaner Décisioun zu där doter Cohabitatioun komm ass, well mer zu engem gewëssenen Zäitpunkt Problemer haten, fir déi nei Terrainen ze fannen, fir de CNA definitiv ze implantéieren a well mer parallell driwwer diskutéiert hunn, fir de regionale Kulturzentrum ze bauen. Et ass richteg, wéi dat schonn ënnerstrach ginn ass, dass an enger Entrevue, déi mer 1995 haten, eigentlech spontan vun der Kulturministesch zesumme mam Schäfferot gesot ginn ass: Wa mer allenzwee eppes plangen, firwat bündele mer dann net eis Efforten a maachen et zesummen? Zënterhier huet déi Iddi hire Wee gemaach an ech mengen, et ass e Beispill vun excellenter Zesummenaarbecht tëscht dem Stat, der Regierung, der Kulturministesch an der Stad Diddeleng.

Et gouf aner Beispiller, wou déi Zesummenaarbecht net sou reibungslos war, mä dat hei ass en excellent Beispill, wou jiddferee sech beweegt huet a mer en Zentrum fäerdeg bruecht hunn, deen net nëmmen an enger Stad, enger Regioun, mä och um nationale Plang e ganze Koup nei Akzenter ka setzen, besonnesch iwwert de Wee vun der definitiver Implantatioun vum Centre national de l'Audiovisuel.

Ech wëll net méi am Detail op déi verschidden Divisioune vum Centre culturel agoen, mä just ënnersträichen, dass d'regional Museksschoul déi Raimlechkeete kritt, déi se dréngend brauch, fir kënnen ze funktio-

néieren. Déi Museksschoul funktionéiert am Moment an enger Primärschoul, huet also keng eege Raimlechkeete gehat, brauch se awer, dat ëmsou méi well et elo definitiv zu der regionaler Museksschoul komm ass duerch den Zesummeschloss vun den Efforte vun deene Gemengen, déi ech virdru genannt hunn, an hoffentlech nach anere Gemengen.

Zu Diddeleng ass d'Musek e wichtege Faktor vum Kulturliewen. Si ass et nach ëmmer gewiescht a si ass et bliwwen, an ech mengen, d'Mme Minister als fréier Schülerin vun der Museksschoul weess, dass mer op deem dote Gebitt eng Traditioun hunn an dass et gutt war, dass mer déi doten Décisioun zesumme geholl hunn.

Et ass richteg, dass et vläicht op den éischte Bléck méi einfach ass wa jiddereen a sengem Eck kacht a bracht, mä wann ee sech e bësse méi domat ausenanersetzt, ass et vläicht och um kulturelle Gebitt besser, wann een dee méi schwéiere Wee vun der Koexistenz a vun der Kooperatioun wielt, wéi iwwregens och op anere Gebitter.

Just nach ee Wuert zum regionale Kulturzenter, ier ech wëll déi Verdéngschter vum Centre National de l'Audiovisuel um Gebitt vun der Konservatioun vun eiser Mémoire collective erausstäichen.

An deem heiten Zentrum schafe mer eng Plaz fir eng lieweg Kultur. Mir bréngen et fäerdeg, fir zu Diddeléng, dat sech ausgezeechent huet duerch e ganz intensiivt Kinosliewe virun 20 Joer, wou awer d'Kinoen een nom anere gestuerwe sinn, de Roxy, de Lutetia, de Palace an de Royal, déi alleguer agaange sinn oder noeneen. Hei bréngе mer et fäerdeg, fir erëm en adaptéierte Kino oder wann een dee klenge Sall mat berücksichtegt, souguer zwee adaptéiert Kinossäll zur Verfügung ze stellen.

Fir eist Musekslie we schafe mer am Kär vun deem Kulturzentrum e flotten Auditoire mat 450 Plazen. Mir schafe Proufméiglechkeeten, Proufraimlechkeete fir d'Museksgesellschaften. Mir schafen Ateliers créatifs fir eng Rei vun aneren Associatiounen, an ech mengen, mir kréien hei e regionalen Zentrum, dee wäert liewen.

Wann een elo den Dossier kuckt, wéi en haut virläit, da kënnt ee mengen, dass deen Neibau vum CNA vum selwe gaange wär. Dat kléngt elo haut alles esou schéin an esou iwwerzeegend. Et muss een awer soen, dass de Wee vum CNA a säin neien definitiven Zentrum net esou einfach war, an dass de Backe Jang douewen - a seng Verdéngschter sinn ënnerstrach ginn - heiansdo mat hängendem Kapp duerch d'Géigend gaangen ass. Mä ech mengen, seng Gedold ass belount ginn an dass dat, wat mer hei elo zesumme fäerdeg bréngen, d'Unerkennung ass fir d'Pionéieraarbecht, déi iwwer 12 Joer geleescht ginn ass.

Ugefaangen huet et virun 12 Joer am fréiere Klouschter zu Diddeleng, nodeem ënnert dem Implus vum deemolege Kulturminister, dem Robert Krieps, d'Regierung décidéiert hat, fir dat fréiert Klouschtergebai an zwee ze deelen, een Deel dem CNA zur Verfügung ze stellen, an deen aneren dem Foyer Pro Familia, fir de Mammen, déi eleng mat Kanner do stinn, zur Säit ze stoen.

Den CNA huet net vill virfonnt, wéi en an déi Raimlechkeeten erakomm ass, e puer eidelstoend Klassesäll, e puer Still an zënterhier huet deen doten Zentrum e ganz laangen a fruchtbare Wee zréckgeluegt. Déi Initiativ vum Robert Krieps muss och haut nach positiv ervirgestrach ginn, wa mer kucke wéi mer deemools mat der Mémoire collective do stongen a wéi mer haut do stinn. Deemools sinn entweder wichteg Saachen ewechgehäit ginn, sinn an Tiräng oder op anere Plaze verkomm. Haut wësse mer wat mer fir e Wäert do hunn an dat hu mer dem CNA an deene Leit ze verdanken, déi d'Basis fir den CNA geschaaft hunn.

An de Wëlle vum Législateur war deemools do, fir an déi dote Richtung ze goen. Ech wëll soen, dass den CNA méi erfëllt huet, wéi mer deemools gewot hunn ze erhoffen.

D'Mme Stein huet op e puer vun de Meilesteng am 12-jäerege Liewe vum CNA higewisen. Do gëtt et e puer Highlights. Ech nennen déi Wichtegst: De Film „Stol", eng Koproduktioun vum CNA mat Samsa-Film, d'Produktioun vu „Feier an Eisen", wou de Promotiounsfilm vun der ARBED aus den 20er Joren opgeschafft ginn ass, a wou den CNA eppes fäerdeg bruecht huet, wou Dausende vu Leit sech haut nach drun erënneren. Dee Film ass net nëmme restauréiert ginn. En ass opgeschafft ginn, en ass verschafft ginn. En ass zu engem phantastesche Spektakel ginn, deen am Oktober 1997 am Kader vun der definitiver Schléissung vun der Flëssegphas op ARBED-Belval am Diddelenger Laminoir mat Live-Musek opgefouert ginn ass.

Dat war ee vun den Duerchbréch, déi den CNA fäerdeg bruecht huet. Vun do u war et net méi d'Mauerblümchendasein, mä den CNA huet gewise wat een op deem dote Gebitt ka fäerdeg bréngen an et ass en Hiewel an de Käpp vun de Leit ëmgedréit ginn an d'Leit si sech bewosst gi wat et heescht, fir Zäitzeien ze konservéieren.

Ech wëll dem Robert Krieps an all sengen Nofolger am Kulturministère merci soe fir dat Vertrauen, dat se an d'Pionéieraarbecht vun der Equipe zu Diddeleng gesat hunn a fir dat Vertrauen, dat se och dem Zentrum zu Diddeleng ginn hunn, well dat wëssen déi, déi um Terrain sinn. Et war net ëmmer esou evident, datt de Siège vum CNA sollt zu Diddeleng bleiwen. Och do sinn et Tendenze ginn, déi éischter a Richtung Stad gedréckt hunn. Haut, mengen ech, ass

dat net méi de Fall. Haut sinn och Faits accomplis geschaaft, spéitstens dann haut wa mer deen heite Projet gestëmmt hunn.

Mä ech mengen, déi Leit, déi do schaffen, brauchen och net méi iwwerzeegt ze ginn, well den CNA huet e Wee zréckgeluegt, d'Politik huet e Wee zréckgeluegt an d'Gemeng Diddeléng fillt sech och haut ganz staark verbonne mat deem doten Zentrum, wat ee bei Koproduktioune gesäit, wéi „Liichtjoren“, dat rezentste Kand vum CNA, dat e vergläichbaren Erfolleg ginn ass wéi „Stol an Eisen“, wou ech och nëmme kann déi ganz Equipe félicitéiere fir dat wat se geleescht huet.

Eege Produktiounen hunn ech erwähnt. Bei eege Filmproduktioune sinn d'Leit sech vläicht net esou bewosst wat och den CNA op deem heite Gebitt geleescht huet.

„Films made in Luxembourg“ ass haut e Begrëff an dee Begrëff huet den CNA geprägt. Déi Filmer, déi vun him mat produzéiert gi sinn - an d'Mme Stein huet der e puer opgezielt -, sinn an der Tëschenzäit an iwwer 13.000 Exemplaren a Kassette verkaaft ginn. Deen dote Beräich dréit an dat ass och en ekonomesche Facteur am CNA ginn. Den CNA steet och ganz kloer um Ufank vum Filmfong, deen 1990 niewent dem Regim vun de Certificats audiovisuels geschafe ginn ass an deen dem Lëtzebuerger private Filmschaffen op d'Been gehollef huet. Dat gëtt heiansdo vergiess.

An der Fotografie huet den CNA wesentlech Accenter gesat. Haut gëllt Lëtzebuerg als eng vun den Héichburge vun der Konservatioun a vum Weise vun Topfotografie, net nëmmen an Europa, mä doriwwer ewech.

Déi, déi zu Klierf am Schlass waren, déi, déi zu Klierf an der Ausstellung vu Family of Man waren, déi, déi et nach net waren, maachen e Feeler, well et sinn an der Tëschenzäit iwwer 130.000 Leit, déi déi phantastesch Ausstellung vum Edward Steichen gesinn hunn an déi op eng formidabel Aart a Weis vum CNA restauréiert an en valeur gesat ginn ass, wou haut Leit aus aller Welt kommen, fir ee vun deene groussen Hären an der Weltfotografie bewonneren ze kënnen.

D'„Family of Man“ ass een Element vu sengem Schaffen. „The bitter years“, wou en déi schlëmmsten Zäit an der amerikanescher Récessioun retracéiert, ass en anere Volet, deen an der Tëschenzäit och restauréiert ginn ass an dee säi feste Sëtz an deem Diddelenger Zentrum wäert kréien, och eent vun deenen Elementer, dat dofir wäerte suergen, datt deen doten Zentrum lieft a Leit wäert vu baussen unzéien.

Ech hu virdru gesot, dass an deem neien Zentrum neit Kinosliewe wäert entstoen, Kino fir de „grand public“ an och Kino fir wierklech agefleeschte Kinosamateuren, Expären a fir Kanner. Mir hunn zwar grouss Kinoszentren an eisem Land, mä et ass net jiddereen esou mobil, dass en op de Kierchbierg, op Esch oder op Beetebuerg ka goen, wou e flotte klenge Kino sech iwwer Jore ganz gutt gehalen huet a mir eis och wäerten un deem Modell inspiréieren, fir deen neie Kino zu Diddeléng ze valoriséieren.

Eng grouss Galerie fir d'Fotografie, déi d'Effore vun der Galerie „Nei Liicht“ wäert sënnvoll ergänzen, eng wierklech professionell Mediathéik.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den CNA kritt déi professionell Infrastruktur an Technik, déi e brauch, fir kënnen och an Zukunft Accenter an dësem Land am Beräich vun der Mémoire collective an der audiovisueller Kreatioun ze setzen.

Den Zentrum huet net nëmmen den Avantage vun enger gemeinsamer Valoriséierung, mä huet och den Avantage fir kënne käschtegënschteg ze fonctionnéieren, well Stat a Gemeng sech iwwer Konventioun eens gi sinn, datt se déi gemeinsam Raimlechkeete wäerten zesummen notzen, souwuel d'Gestioun wéi och d'Personalkäschten au prorata zu deene verschiddenen Deeler vum Zentrum wäerten droen.

Ech wëll bei dëser Geleeënheet de Kolleege vum CNA - an dat ass net nëmmen eng Riedewendung, dat ass zu enger gudder Partnerschaft zesumme gewuess -, de Leit vu de Bâtiments publics an de Mataarbechter vun der AGSP vu Paräis, déi d'Konzept kritesch ënnert d'Lupp geholl hunn, en häerzleche Merci soen.

Ech wëll dem Personal vum CNA merci soe fir déi excellent Zesummenaarbecht, déi mer konnten an deene leschte Joren opbauen. Ech wëll hinne merci soe fir hire konsequenten Asaz fir dësen Zentrum an och der Mme Kulturminister mat hire Leit merci soen, dass se un deen doten Zentrum gegleeft huet a konsequent sech fir seng Realiséierung agesat huet.

Ech freeë mech, datt d'Regioun e flotten Zentrum kritt, dee sech an déi aner Infrastrukture wäert agliddderen. Fir Diddeleng gëtt et e weidere regionalen Zentrum, deen un der Säit vun engem anere regionalen Zentrum wäert fonctionnéieren. Dat ass dee Centre de Documentation sur les Migrations humaines, en Zentrum, dee just haut, wou d'Diskussioun iwwert d'Nationalitéit, iwwer Migratioun, iwwer Awanderungspolitik hire volle Wäert kritt a wou Leit, haaptsächlech bénévole, eng formidabel Aarbecht leeschten. Ech si ganz frou iwwert déi Diskussiounen, déi mer an der lescht mat de Responsablë vum Kulturministère haten, fir a Richtung ze goen, fir de Centre de Documentation sur les Migrations humaines aus der lokaler Enklav, aus der regionaler Enklav erauszehuelen an aus him en nationalen Zentrum ze maachen, wou mer dann och hoffen, dass et net nëmmen en Numm ass, mä dass en och déi Mëttel kritt, déi e brauch fir ze fonctionnéieren.

Ofschléissend wëll ech alle Leit merci soen, déi duerch hir Kompromëssbereetschaft an der Diskussioun iwwert deen heiten Zentrum dozou bäigedroen hunn, fir eppes draus ze maache wat mer kënne realiséieren. Loftschlässer sinn ëmmer schéin, wann ee se kann a Gedanke bauen. Dat hei ass en Zentrum, deen esou konzipéiert ass, dass en de lokalen a regionale Bedürfnisser entspréicht, dass e sengem nationale Charakter Rechnung dréit an dass e virun allem och den Avantage huet, dass en nach ze finanzéieren ass, wat bei Loftschlässer net ëmmer esou evident ass.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

**M. Gusty Graas** *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur, dem Här Ady Jung, merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen an och mëndleche Bericht. Elo si mer jiddenfalls bis an de leschten Detail informéiert, wat zu Diddelng realiséiert gëtt.

Et ass keen Zweifel, dass den audiovisuelle Beräich haut e groussen Impakt op eist Liewen, eis Kultur an zum Deel och d'Konscht huet. Den Impakt vun der Televisioun, dem Radio an de Videospiller ass ouni Zweifel ganz grouss. Et ass och e wesentlecht Mëttel vun Informatioun a vu Formatioun fir Leit aus alle gesellschaftleche Kreeser. Mir wëssen awer och alleguer heibannen, dass dës Technologie net nëmme Positives huet, mä och zum Deel Negatives kann ervirbréngen. Dat wat een haut munchmol op gewëssen Televisiounschaînë gesäit, a wat munchmol leider an eise Kinoe gewise gëtt, dat dréit net onbedingt ëmmer zur geeschteger Beräicherung an eiser Gesellschaft bäi.

D'Consommatioun vun esou Produkter féiert oft zu enger méi geeschteger Veraarmung, dat Wesentlecht, dat Schéint, dat Wäertvollt dat geet dobäi oft verluer. Dofir ass et och wichteg, dass de Stat an d'Gemengen e Maximum vun Ustrengunge maachen, fir dat kulturellt Liewen ze förderen a sech vun deene reng op kommerziell Iwwerleeunge gestützte sougenannte kulturellen Aktivitéiten ofzegrenzen.

Et ass och eis Flicht, audiovisuell Témoignagë vu gëschter a vun haut fir d'Generatioune vu muer ze conservéieren. Et war iwwregens scho virun iwwer engem Jorhonnert dru geduecht ginn, fir de Patrimoine audiovisuel ze conservéieren, well nëmmen zwee Joer no den éischte Filmer vun de Gebridder Lumière huet de polnesche Cinéaste Boleslav Matusweski zu Paräis eng Broschür publizéiert mam Numm: „La cinématographie témoin de l'Histoire", wouran hien deemools scho suggéréiert huet, fir e Spezialmusée ze schafen, wou al Filmdokumenter kéinten archivéiert ginn.

D'Opbewahrung vun audiovisuellen Zeien erlaabt et eis méi intensiv mat der Entwécklung vun eisem Land, vun eiser Kultur, eisen Traditiounen an och eiser Natioun auserneenzesetzen. De Projet, dee mer haut stëmmen, wäert ouni Zweifel dëser Aufgab gerecht ginn. Hien erlaabt et dem audiovisuelle Beräich, dee jo, wéi dat de Muere schonn e puermol hei ugeklongen ass, zënter 1988 fonctionnéiert, nei Perspektiven opzezeechnen. D'Zil ass et jo, d'Technik vun der Fhotografie, dem Film, dem Magnéitband, dem Video oder der Kombinatioun vun dëse Produkter zousätzlech Entwécklungschancen ze bidden.

Duerch de Bau vun engem neie Centre National de l'Audiovisuel gi mir eis d'Méiglechkeet, dem ganzen audiovisuelle Beräich méi professionell Strukturen ze schafen. All Konschtwierk an dësem Beräich kann elo nach besser konservéiert ginn an esou der Welt erhale bleiwen. Et ass dat e wichtege Beitrag zu eisem kulturelle Patrimoine, an et erlaabt eis mat Hëllef vun de moderne Medien eis mat der Geschicht vun eisem Land auserneenzesetzen.

Ech wëll op dëser Plaz drop hiweisen, dass de Conseil de l'Europe schonn eng Rei vu Recommandatiounen ausgeschafft huet, wat de Schutz vum Patrimoine audiovisuel ubelaangt. De Moment läit och e Projet um Niveau vum Conseil de l'Europe vir, wou eng europäesch Konventioun iwwert de Schutz vum audiovisuelle Patrimoine soll definitiv arrêtéiert ginn.

De CNA kritt elo definitiv seng Heemecht zu Diddeleng. Dat erfreet ee besonnesch als Süddeputéierten. Et ass dat ouni Zweifel eng kulturell Opwäertung vum Süden. Et ass awer och de Beweis erbruecht, dass dës Regierung wëlles huet dem Süden zousätzlech Impulser ze ginn.

Et ass ganz klor bewisen, dass net muss all kulturell Infrastruktur um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg implantéiert ginn a mir leeschten heimat e wichtegen Akzent um Niveau vun der Dezentraliséierungspolitik.

D'Raimlechkeeten, wou den CNA de Moment ënnerbruecht ass am fréiere Meedercherspensionat, si mat Sécherheet net méi appropriéiert, esou dass sech de Bau, wéi gesot, vun engem neien CNA ouni Zweifel opgedrängt huet.

De Site vum Schnauzelach ass relativ gutt gewielt. An der direkter Ëmgéigend si Parkméiglechkeeten. Et ass och an der direkter Proximitéit vun der Gare, esou dass ee sech mat deem Site kann averstanen erklären, och wann natierlech nach mussen herno Décontaminatiounsmoossname virgeholl ginn, well sech fréier do Aktivitéiten um Niveau vun der Sidérurgie ofgespillt hunn.

D'Kinosliewen, an den Här Mars Di Bartolomeo ass schonn drop agaangen, wäert ouni Zweifel och nei Impulser an dëser Regioun erfueren duerch de Bau

vun deenen zwee Säll. Den CNA huet an deene leschte Joren - an dofir sinn all déi Leit ze begléckwënschen ënnert hirem Direkter, dem Här Back, déi vill a gutt Aarbecht an deene leschte Jore geleescht hunn -, eng immens grouss Panoplie vun historeschen Zeitungen iwwert d'Kinoswiesen zesummegedroen, an déi gëtt jo duergestallt, wéi wann et eng vun deene räichsten aus dem Saar-Lor-Lux-Gebitt wier. Eenzelner menge souguer, et wär eng vun deene gréissten aus dem Benelux-Raum.

An deenen Archive leien, an ech referéiere mech hei op d'Zuelen aus dem Exposé des motifs, 13.000 Stonne Film a Videofilmer, 11.000 Stonnen Tounenregistrementer an net manner wéi 15.000 Fotoen. Dat huet dann och mat sech bruecht, dass elo scho regelméisseg Studente vun den Unië vu Metz an Nanzeg op Diddeleng kommen, respektiv souguer vu Bréissel, déi Archiver consultéiere kommen.

Mir wäerten et dowéinst fäerdeg bréngen, nach méi e regionalen Zentrum um Niveau vum audivisuelle Beräich ze schafen. De Studio, deen installéiert gëtt, kann natierlech elo net onbedéngt de Verglach mat Hollywood halen, mä mat Sécherheet muss een op dat pedagogescht Element hiweisen, well d'Formatioun vun audiovisuelle Klassen, souwuel aus Lycées techniques wéi och aus Lycées classiques, muss zu engem feste Bestanddeel vun den CNA-Aktivitéite ginn.

Mir haten an der Kommissioun dann och eng Diskussioun iwwert d'Notzung vun alternativen Energien, méi speziell vun der Solarenergie, an ech si besonnesch frou, dass mer de Mueren hei eng Motioun wäerte stëmmen, wou opgefuerdert gëtt, fir elo dervun ze profitéieren, fir Fotovoltaik ze installéieren. Wann een d'Architektur vun deem Gebai kuckt, da muss een noutgedrongen zur Konklusioun kommen, dass sech dat Gebai eegent, fir esou en Investissement virzehuelen. Och grad de Stat muss jo hei mam gudde Beispill virgoen. Et geet net nëmmen drëms, dass een ëmmer erëm vum Particulier verlaangt, dass en op deem Niveau Investissementer mécht, mä och de Stat muss versichen, esou wäit wéi méiglech, wann nei Gebaier geschafe ginn, fir déi modern Technik dee Moment ze gebrauchen. Et ass evident, dass d'DP dës Motioun wäert matdroen.

De Bau vun dem regionale Kulturzentrum mat der Museksschoul bedeit ouni Zweifel e qualitative Spronk fir d'Gemeng Diddeleng. Virun allem déi nei Museksschoul wäert hir Sogwierkung op déi ëmleiend Gemengen net verfeelen. Ech wëll drun erënneren, dass de Moment vun deene 700 Schüler net manner wéi 60 % schonn aus Nopeschgemenge kommen. Dat ass och gutt esou. Dat wäert deem ganze Museksunterricht an där Regioun nach weider Impulser ginn.

De Moment ass et esou, dass déi Couren net onbedingt ënnert deene beschte Konditioune stattfannen. Den Här Mars Di Bartolomeo ass drop agaangen. Si sinn an enger Primärschoul. Ech wëll beileiwen hei net der Gemeng Diddeleng e Virworf maachen, ganz am Géigendeel. Et sinn de Moment ebe keng besser Raimlechkeeten zur Verfügung, an dowéinst ass et och gutt, dass d'Museksschoul eng qualitativ Opwäertung wäert kréien. Och den neien Auditorium an dem Komplex wäert et erlaben, zu Diddeleng nach méi héichwäerteg Concerte kënnen ze organiséieren.

Eng Rei vun Infrastrukture kënne gläichzäiteg souwuel vum CNA wéi vun dem regionale Kulturzentrum genotzt ginn, wat mat sech bréngt, dass gewësse Käschte kënne gedeelt ginn. An deem Sënn ass eng Konventioun ausgeschafft ginn. Ech wëll just drop hiweisen, dass et natierlech wichteg ass, dass do eng voll Transparenz spillt. Zu der Konventioun hunn ech allerdings zwou kleng Bemierkungen ze maachen.

Et ass mer opgefall, dass den Artikel 2 seet: „La Commission ne peut valablement délibérer que si tous les membres sont présents ou représentés". Wa mer dann zréckginn op den Artikel 1, dee seet, dass an där Kommissioun deen an dee vertrueden ass, ënner anerem den Direkter vum CNA, respektiv och de Chargé de direction vun der Museksschoul, da steet allerdings net expressis verbis do, dass déi sech och kënne vertriede loossen. An der Hypothees, wat ee jo net unhëlt, dass ee vun deene Leit kéint während längerer Zäit net un esou enger Kommissiounssitzung deelhuelen, da géing dat automatesch heeschen, dass déi Kommissioun net kënnt siégéieren. Dat ass een Detail, mä et soll ee sech vläicht nach eng Kéier doriwwer Gedanke maachen.

Da wëll ech och drop hiweisen, dass de Moment eng Konventioun besteet tëschent der Gemeng Diddeleng an der Gemeng Beetebuerg, wat de Fonctionnement vun der Museksschoul ubelaangt. Ech wéilt an deem Kontext nawell gäre wëssen, wéi soll dann an Zukunft déi Konventioun ausgesinn. Wéi wäit sollen d'Interesse vun der Gemeng Betebuerg mat vertruede ginn? D'Fro ass hei ze stellen, ob net kéint nach e Vertrieder vun där Gemeng, respektiv vun deene Gemengen, déi jo awer och an där Museksschoul mat impliz éiert sinn, derbäi kommen. D'Gemeng muss jo de Prefinanzement vun de Fräe maachen. Et ass nëmmen ze hoffen, dass de Stat sengen Obligatiounen dann an engem räsonnablen Délai ëmmer no kënnt, wann et heescht déi Fräe proportionell ze rembourséieren.

Dat heiten ass ee Projet deen ouni Zweifel eng wichteg Bedeitung fir d'ganzt Land huet. En huet awer speziell eng Bedeitung fir de Süden, wéi ech dat virdrun hei ervirgehuewen hunn. Et ass en éischte Schrëtt a Richtung vun enger neier sozialer kultureller Identitéit fir dës Regioun vum Land, déi de Moment duerch eng déifgräifend postindustriell Mutatioun gekennzeechent ass. D'Demokratesch Partei stellt sech voll hannert dee Projet.

Ech wëll ofschléissend bemierken, dass duerch den Neibau vum CNA awer och de klore Beweis erbruecht ginn ass, dass Diddeleng net am Stach gelooss gëtt, ganz am Konträr.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Aly Jaerling.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll dem Här Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Wat mech besonnesch impressionéiert huet, dat war dee Blummecorso, deen den Här Jung uganks hei opgefouert huet. Ech wëll awer net verfeelen, fir och dem Här Back am Numm vum ADR merci ze soe fir säin Asaz an déi Aarbecht, déi en am Interesse vun deem Centre national de l'Audiovisuel geleescht huet.

Nodeems scho villes zu dësem Projet gesot ginn ass, wëll ech mech am Numm vum ADR op e puer Bemierkungen a Froe beschränken, ouni awer d'Noutwendegkeet vun esou engem Projet wëllen a Fro ze stellen.

Et schéngt mer fir d'éischt emol wichteg, dass no deem ganze Gedeessems iwwert de Rehazenter an de Spidolsplang, awer mat dem Bau vum CNA zu Diddeleng endlech e klengen Deel Dezentraliséierung realiséiert gëtt, och wann een de Verdacht net lass gëtt, dass dat als Kompensatiounsbonbon fir d'sozialistesch Partei kënnt geduecht sinn.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).-* Elo hutt Dir erëm eng Geleeënheet verpasst, fir keng Dommheet ze soen.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Jo, wat soll ech Iech dann do soen!

Wat eis als ADR awer zu deem Projet Suerge mécht a wat vu kengem Virriedner erwähnt ginn ass, dat ass d'Sanéierung vun deem Terrain. 100 Millioune si virgesi fir d'Sanéierungen, ouni dass emol, menges Wëssens no, déifgräifend Bueranalyse gemaach gi sinn, fir de Verseuchungsgrad klor ze déterminéieren, esou dass een elo net weess, wat déi Sanéierungskäschten iwwerhaapt am Endeffekt wäerte kaschten an och net klor ass, ob no deemselwechte Prinzip verfuer gëtt, wéi dat an der Regel mat den Industriebroochen am AGORA festgehale ginn ass.

D'ARBED huet och, menges Wëssens no, e Kontrakt mat der Diddelenger Gemeng fir de Kaf vum Terrain ofgeschloss, aus deem iergendwéi ervirgeet, dass kee Recours méiglech ass, wann d'Sanéierungskäschte solle méi héich sinn.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).-* Esou eng wasserdicht Formulatioun gëtt et net. Egal wat an engem Kontrakt dra steet, ass deen, deen eppes verkaaft huet, fir Vices cachés responsabel. Keng vun esou Dispositioune ka virun engem Geriicht standhalen. D'ARBED weess dat och.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ech hale jiddefalls fest, dass, wéi schonn esou oft, d'ARBED hei d'Konditiounen diktéiert huet an net déi Leit, déi derfir verantwortlech solle sinn. Et gëtt jiddefalls hei no engem anere Mooss verfuer, wéi dat bei deenen aneren Industriebroochen de Fall war, an d'Fro stellt sech, wéi den Diddelenger Schäfferot konnt mat esou engem Kontrakt d'accord sinn.

Och wat de Käschtepunkt vum Terrain ubelaangt, fannen ech an deenen Dokumenter, déi mir virleien, näischt eraus, an d'Fro stellt sech einfach, firwat dass hei net no deemselwechte Prinzip verfuer ginn ass, wéi dat an der AGORA ass, dat heescht, dass verschidden Terrainen zum Beispill fir öffentlech Gebaier zu 15.000 den Ar solle vergi ginn, respektiv fir aner Méiglechkeeten zu 75.000 Frang den Ar. Mir schéngt et, wéi wann zu Diddeleng - an ech hoffen, dass ech déi Informatiounen hei kréien -, den Arpräis vun deem Terrain relativ vill méi héich läit. An ech froe mech, firwat elo bei deenen Industriebroochen no anere Prinzipie verfuer gëtt, wéi dat bei aneren Industriebroochen, déi elo an der Diskussioun sinn, de Fall ass.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Dee Kontrakt ass an där leschter Gemengerotssitzung mat alle Stëmmen, och mat der Stëmm vun der ADR-Vertriederin guttgeheescht ginn.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ech hu jo och näischt dergéint, ech stellen hei klor d'Fro.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Et ass also net nëmmen d'Meenung vum Diddelenger Schäfferot, mä vum ganze Gemengerot, ADR inklusiv.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ech wäert meng Leit dann do froen, ob dat esou ass, wéi Dir sot.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Dir hätt Iech virdru sollen ëmfroen, Här Jaerling. Dat wär vläicht méi virsiichteg gewiescht.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).-* Ech hunn dee Projet gelies an hunn e puer Saachen dra fonnt, déi mech stutzeg gemaach hunn an déi bréngen ech elo hei vir. Ech wär frou, wann ech klor Äntwerte kréich. Dir kënnt mir jo an der öffentlecher Sitzung hei ganz genau soen, wat deen Terrain effektiv kascht huet a wat den Arpräis wierklech war.

Wéi ass et, dass de Prinzip vum Pollueur-payeur, wéi dat üblech soll sinn, fir d'ARBED normalerweis net zielt?

Ech stelle mer och d'Fro, wat am Endeffekt effektiv déi Sanéierung wäert kaschten an ob mer net och dann nach iergendwann eng Motioun mussen hei virleeën, fir do nach en Zousazbudget ze stëmmen.

Eppes anescht, wat mer bei deem Projet opgefall ass, ass, dass net an d'Déift gebaut gëtt. Do steet dann am Exposé des motifs, dat wär, well d'Grondwaasser

ee Meter ënnert dem Buedem ugeet. Do muss ee sech dann natierlech d'Fro stellen, firwat dass sou een Terrain erausgesicht gëtt, wou een net kann an d'Déift bauen, wat dann och vläicht meng nächst Fro direkt beäntwert hätt, an zwar déi vun de Parkplazen. Sou wéi et bekannt an och hei schonn ugefouert ginn ass, entsprécht déi Zuel vun de Parkplazen zum Beispill net dem Bautereglement vun Diddeleng.

Do muss ee sech d'Fro stellen, ob hei iwwerhaapt eng Baugenehmegung kann ausgestallt ginn, och wa behaapt gëtt, déi Parkplazen, déi 300 Meter méi wäit bei engem Supermarché wieren, kéinten och benotzt ginn. Ech froe mech dann, firwat hei verlaangt gëtt vun der zoustänneger Mme Minister, dass si dann nach soll zu deenen 69 Parkplazen, déi do sinn, der nach zousätzlech derbäi bauen. Mir wëssen, dass kee gär zu Fouss geet, och net zu Diddeleng, an dofir wäerte fir d'éischt déi Parkplazen an deem Quartier ronderëm benotzt ginn, ier d'Leit bei de Supermarché fueren. Domat ass d'Liewensqualitéit vun engem ganze Quartier belaascht an et muss do no Léisunge gesicht ginn. Eng Léisung wär zum Beispill e Parking résidentiel, mä et ass un der Diddelenger Gemeng, fir dat ze entscheeden.

*(Interruptions)*

Ech wëll kloer hei soen, dass mer trotz all deene Bedenken, déi ech hei virbruecht hunn, dee Projet wäerte stëmmen, mä ech hätt awer och gär kloer Äntwerten....

*(Interruption)*

...ganz besonnesch zu zwou Froen: Eischtens emol, firwat dass d'Diddelenger Gemeng deen Terrain huet misse kafen, an zweetens firwat dass de Präis vum Terrain net an deemselwechte Kontext ausgehandelt ginn ass, wéi déi aner Industriebroochen, déi am AGORA mat dra sinn.

Wéi gesot, trotz deene Bedenken, wäerte mer als ADR dëse Projet stëmmen, well mir en am Zesummenhang mat eiser Fuerderung no Dezentraliséierung gesinn. Ech wäert e selbstverständlech nach léiwer stëmmen, well eben dee Centre national de l'Audiovisuel an de Süde kënnt.

Ech soen lech merci.

*(Interruptions)*

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG).-* Merci fir d'Wuert, Här President, merci un de Rapporteur, den Här Jung, merci an nach eng Kéier merci an nach eng Kéier merci all deene Leit, déi déi ganzen Zäit merci gesot hunn deene Leit heibannen an deenen dobaussen, da brauch ech nämlech net déi ganzen Zäit jiddferengem merci ze soen, fir dass de Pegel hei u Wäirauch net an d'Unerträglecht steigt.

*(Interruptions)*

Ech wëll e bëssen op d'Geschicht vun deenen zwee Gebaier agoen a konstatéieren d'emblée, dass et sech hei ëm eng endlos a bal tragesch Geschicht vum Placement vun zwee Stéifkanner handelt. D'Stéifkand vun de Lëtzebuerger Kulturinstituter par rapport zu deenen anere Loftschlässer an d'Stéifkand och vun de lokale Prioritéite vun der Diddelenger Gemeng. Finalement ass dee Placement vun deenen zwee Stéifkanner och eng Léisung vum zweete Choix gi vun engem gemeinsame Placement, mä et ass wéi beim Parzeläin: Och mam zweete Choix kann ee sécher e Stot maachen, och wann ee muss op d'Rëss an d'Feeler an deem Parzeläin hiweisen.

Dofir kënne mir als Gréng eisen Accord zu dësem Projet ginn, grad wéi mer och am Gemengerot an enger ökumenescher Gemeinsamkeet eisen Accord ginn hunn. Allerdéngs wëlle mer trotzdem d'Fanger op déi puer Rëss a Feeler an deem Parzeläin leeën.

Fir d'éischt zum CNA. Säit iwwer 10 Joer ass déi noutwendeg Extensioun vum CNA an der Schwief. Dat ass am Ufank un der Extensioun selwer vum fréiere Site gescheitert, woubäi ee scho muss soen, dass vu vireran dee Site vum Klouschter net dee beschte war, well do huet scho missen eng Cohabitatioun vun zwee Instituter stattfannen, déi net déiselwecht Interessen haten. Ech hunn et heiansdo bedauert, wann ech hu missen an deem Klouschter déi Mediepateren a Mediennonne schlürfe gesinn an deenen enke Raim, an hu mer ëmmer gewënscht, dass eng Extensioun soll sou séier wéi méiglech iwwert d'Bühn goen.

Och déi Fro vun deem anere Site war am Ufank net ganz evident an ech ka mech erënneren, dass scho viru Jore konkret Virstellungen do louchen an et huet ëmmer verdächteg laang gedauert, bis ech da gewuer si ginn, firwat dass dat war. Net méi spéit wéi bei de Budgetsdebatte vum Dezember 1997, also virun 3 an engem halwe Joer, hat ech zwou Motiounen era bruecht, eng betreffend d'Rockhal zu Belval an eng betreffend de CNA zu Diddeleng, déi en ähnleche Wuertlaut haten.

„Inquiète du fait", dass bei der Planification pluriannuelle d'Regierung d'Finalisatioun vum Projet CNA iwwer 2001 verschoben hat - an dat war deemools d'Finalisatioun, elo ass et schonn emol de Baubeginn - hat ech eng Motioun abruecht, dass et eng Priorité absolue fir d'Eüde fir den Démarrage vun der Constructioun vun deem neie CNA soll ginn.

Well deemools de Budgetsminister net am Sall war, huet missen den deemolege Fraktiounspresident vun der LSAP, den Här Jeannot Krecké, mir missen eng Äntwert ginn. Hien huet deemools - ech muss dat nach eng Kéier zitéieren, well dat ass nämlech ganz interessant - gesot als Schattenfinanzminister, well dee jo net do war: „Eis Fraktioun ass nullement inquiète, dass déi Rockhal gebaut gëtt, „est nullement

soucieuse que cet élément de la culture populaire ne soit discriminé". En huet datselwecht och fir de CNA gemengt an deemools dunn och ganz offe gesot, dass de CNA zu deem Moment keng Prioritéit vun där Regierung war, wou hien zwar net Member war, mä am Numm vun där hien d'Chamber opgefuerdert huet, meng Motiounen iwwert d'Rockhal an de CNA ofzelehnen.

*(Interruptions)*

Dofir hunn ech och missen an der Kommissioun meng Satisfaktioun zum Ausdrock bréngen, dass et awer dëser neier Regierung gelongen ass, schliesslech dëse Projet dann op den Instanzewee ze bréngen. Et ass wierklech begréissenswäert, dass mer elo am Joer 2001, wou eigentlech dee Projet schonn hätt solle finaliséiert sinn, zumindest emol iwwert de Baubeginn diskutéieren. Ech hoffen net, dass et déi 8,4 Joer dauert, déi et normalerweis dauert bis et zum Schluss vun engem Bauprojet kënnt.

Dee Projet hei - dat muss een och fairerweis soen - ass e Schrumpfprojet, souwuel wat de CNA wéi och wat de sougenanntene Centre culturel régional ugeet, well an deem Projet virun deem heite ware plus ou moins méi wéi 2000 m2 par rapport zu dësem Projet ze fannen. En ass also aus budgetäre Grënn geschrumpft ginn zu engem Projet, deen eigentlech zu deene mëttlere Projete gehéiert, wann een dat mat anere Kulturinstitutioune vergläicht. Wann een déi 1,6 Milliarde géif verdeelen, da wieren dat 800 Millioune fir de CNA, quitte dass dee vläicht op eng Milliard kënnt, mä dat ass u sech par rapport zu deene Loftschlässer, wéi den Här Di Bartolomeo dat gesot huet, déi um Kierchbierg méi séier Wuerzele schloe wéi am Schnauzelach natierlech relativ bescheiden.

Wat mech och befriemt huet, ass, dass den Assainissement vun deem Terrain am Budget mat dran ass. Do ginn ech dem Här Jaerling vollkomme Recht. Ech fannen, do gëtt mat deux poids et deux mesures geschafft, déi Terrainen, déi an der AGORA sinn, ginn anescht behandelt wéi déi, déi dann hei musse prioritär fir eng Struktur vun nationalem oder regionalem Interesse kuerzfristeg genotzt ginn. Ech fannen dat net ganz richteg a wëll herno nach eng Kéier dorop ze schwätze kommen.

Ech hu mer och soe gelooss, dass, wann ee kuckt, wat de Moment u Bürosraim dem CNA zur Verfügung steet, och an deem heite Projet, et fir dat momentant Personal sou just duergeet an dass, wann déi Personalopstockung kënnt, vun där d'Mme Ministerin an der Kommissioun geschwat huet, et dann awer am Joer 2005 kéint enk ginn an een da vläicht scho misst erëm eng Kéier un eng Extensioun denken.

Ech wëll dofir zesummefaassend soen, dass mer deen heiten Dossier wahrscheinlech an deenen nächsten 10 Joer - quitte datt ech net méi derbäi sinn a vläicht anerer och net méi - erëm eng Kéier wäerte mussen op de Métier huelen, well ech sinn iwwerzeegt, dass mer spéitstens am Joer 2010 musse feststellen, dass souwuel fir déi regional a kommunal Funktioune wéi och fir de CNA d'Plaz wäert méi knapps ginn.

*(Interruption)*

Dann eng Remarque, déi den Här Jung och schonn hei opgeworf huet, nämlech déi vum Energiekonzept. Ech fannen et wierklech kuriéis, dass de Stat Subside gëtt, fir dass Privater op hir Gebaier Sonnekollekteren an aner Energieanlagen installéieren, an dass e bei den eegene Baute „vergësst", esou Installatioune virzegesinn. Mir haten dunn als Gréng jo och an der Kommissioun intervenéiert, allerdéngs war dat schonn e bëssen ze spéit.

Ech muss zwar fairerweis soen, dass d'Mme Ministerin do ganz positiv reagéiert hat a souguer ee Moment wëlles hat, de Projet nach eng Kéier ze amendéieren. Mä dunn ass gefaart ginn, da misst dat Ganzt erëm bei de Statsrot goen an ech hu schonn d'Responsabel vum CNA gesinn do am Schweess sëtzen, well se geduecht hunn: Elo dauert dat erëm eng Kéier eng Éiwegkeet. Du si mer dann zu deem Kompromëss komm, deen den Här Jung hei virgedroen huet, a Form vun enger Motioun, déi mer, wéi gesot, alt erëm eng Kéier ökumenesch alleguer ënnerschriwwen hu mat natierlech engem Bäigeschmaach: Wat ass eng Motioun vun der Chamber an der Praxis vun der Administration des Bâtiments publics wäert?

Ech denken, dass dat deene Leit, déi herno um Terrain schaffen, zimlech Wurscht ass, wat mir hei u Motioune bäigefléckt hunn, an dass et herno drop ukënnt, wat an der Enveloppe nach zur Verfügung steet. Ech hunn den Här Krecké och schonn hei gesi bal schwaach falen, wéi en dee leschte Saz vun där Motioun gelies huet, wou eigentlech eng Opfuerderung gemaach ginn ass, Dépassementer ze maachen, déi herno net berücksichtegt ginn. Ech hoffen, dass dat net Schoul mécht bei anere Gebaier, well soss si mer awer „partis pour la gloire". Mä, wéi gesot, mir sinn zu all Untat fäeg an dësem Kontext a wäerten dës Motioun dann och, well mer se ënnerschriwwen hunn, mat stëmmen.

*(Interruptions diverses)*

**Une voix.-** Wat seet den Här Bausch dann dozou?

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG).-* Den Här Bausch ass doranner ganz tolerant,...

*(Hilarité)*

...well et hei ëm d'Saach geet.

*(Interruptions)*

**M. Ady Jung** *(CSV), rapporteur.-* Et geet ëm en ökologeschen Aspekt!

**Plusieurs voix.-** Jo, jo!

*(Interruptions diverses)*

**M. le Président.-** Här Garcia, fuert virun! Déi aner sollen nolauschteren, wann ech glift!

*(Coups de cloche de la Présidence)*

**M. Robert Garcia** *(DÉI GRÉNG).-* Et muss een awer och soen, well hei ganz vill Leit am Numm vun enger Gemeng geschwat hunn, dass et kuriéis ass, dass et och de Gemengeresponsabelen net opgefall ass, zumools wann et eng Gemeng ass, déi oft Pressekonferenze mécht, fir hir Ëmweltfrëndlechkeet ënner Bewäis ze stellen. An ech weess och elo, firwat se net an d'Klimabündnis antrëtt:

*(Interruptions)*

Well se selwer och ni un esou Mesuren interesséiert ass.

Een nächste Punkt ass dee vun deem groussen Auditoire, deen do installéiert ginn ass. Eigentlech sollt deen Auditoire an enger éischter Phas mat Gradine bestéckt ginn, wat dann och Opnahme vun Orchesteren an Ähnleches facilitéiert hätt. Béis Zonge behaapten, et wär op Drock vun der Gemeng hi gewiescht, dass déi Struktur vun der Gradinsstruktur an eng flaach Struktur ëmgewandelt ginn ass, fir dass d'Gemeng kéint hir jährlech Ëmpfäng do iwwert d'Bühn goe loossen. Et ass e bëssche schued, dass fir esou Zeremonien dann herno eng Funktionalitéit geaffert gëtt, déi dann awer méi attraktiv gewiescht wär, fir déi Aktivitéiten, déi hätte kënnen am Déngscht vum Publikum a vun der Gemengeverwaltung stattfannen.

Et ass och drop higewise ginn, dass d'Accessibilitéit fir Handicapéierter ganz gutt wär. Mä ech muss awer soen, dass, wat déi Ramp ugeet, déi do erop féiert an en Nivellement vun 3,5 Meter huet, dat jo awer och net grad ganz ohne ass. Ech hunn och an der Kommissioun d'Fro opgeworf vun deenen Tourniquete fir eran, dass déi och net optimal wäre fir Behënnerter. Et gouf awer du gesot, dass dat och kee Problem wär - mä et ass jo ni e Problem am Virfeld -, fir do parallell Dieren ze installéieren, dass déi Behënnert dann och kéinten do era kommen.

Dann ass natierlech, wéi bei allen Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg kultureller Natur, d'Parkingkultur eng vun de wichtegsten. Dat ass schonn esou beim Centre Neumünster gewiescht virun 8 Joer, wéi mer hei 80 % vun der Zäit iwwer Parkingen diskutéiert hunn. Mir haten am Virfeld souwisou eigentlech proposéiert, et sollt een dee Centre culturel an eventuell och de CNA op där sougenannter rouder Plaz installéieren. Dat ass eng Plaz, déi mëttes zwar ganz beluecht ass mat Autoen, awer owes ganz eidel ass. Déi hätt ee kënnen optimal notzen.

Et muss een awer soen, dass deen neie Site och an deem Sënn interessant ass, well en e Potential u Vergréisserunge beinhalt, dee wierklech ganz spannend ka sinn. Dofir muss ech awer dozou en Diskurs zu de Propriétéitsverhältnisser féieren. En Deel vun deene Frichen, déi do leien, gehéiere jo nach der ARBED. Et muss een awer soen, dass eigentlech op anere Siten déi Frichen an déi Sociétéit AGORA iwwergefouert goufen. Ech fannen dat ass déi üblech Salamitaktik vun der Immobiliegesellschaft ARBED, déi sech dann déi Filetsstécker hält, fir se selwer ze vermaarten an zu engem gudde Präis ze verkafen, en plus och nach den Assainissement délocaliséiert, während déi méi problematesch Stécker an der AGORA gelooss ginn an do Stéck fir Stéck verhandelt ginn.

Menger Meenung no wär et préférabel gewiescht, wann och dee Site am Schnauzelach plus dat bis haut funktionéierend Wierk vu Laminoirs de Dudelange och an der AGORA gewiescht wären, dann hätt een dat kënnen an engem Paquet mat dra bréngen an d'AGORA och e bëssen zwéngen, e Konzept fir dee Site ze envisagéieren. Ech fannen, dee Site ass schrecklech interessant, well en de Moment eigentlech déi zwee Quartiere vun der Schmelz a vun Italien deelt an iergendwann eng Kéier wäert jo do eng Jonctioun kommen.

Et wär schonn interessant, wann een hätt kënnen dee Plang vum CNA do mat era bréngen, well ech denken och, dass déi future Vocatioune vum CNA sech net sollen op eng - ech wëll elo net soen „doudeg", dat wär elo ganz diskriminatoresch, mä - staatlech Institutioun limitéieren, mä dass een och kéint profitéiere vun deem Gelände, dat hannendrun ass, fir eventuell d'Usiedlung vu Studioen oder private Medienentreprisen ze förderen. Mä do muss een dann natierlech awer och Propriétaire vum Terrain sinn. Soulaang wéi d'ARBED nach kann do déi Firmen usiedelen, déi si am léifsten huet, kann een natierlech esou Strategien net an d'A faassen.

Ech hat och an der Kommissioun eng Kéier d'Fro opgeworf, ob et elo net Zäit wär no méi wéi 10 Joer Existenz vum CNA eng Kéier iwwert d'Missioune vum CNA ze diskutéieren, wat net wëllt heeschen, dass ech net fannen, dass déi Leit, deenen ech och nach bal muss merci soen, dat immens gutt maachen, mä dat verhënnert jo net, dass een dat eng Kéier réévaluéiert, besonnesch am Beräich vun der Medienpedagogik an och an engem eventuellen interregionale Rayonnement kënnt ee vläicht nei Vokatioune fir deen neien CNA gesinn. Ech waarde vergeblech op d'Invitatioun vun der Presidentin vun der Kulturkommissioun. Déi sollt nämlech eng Sitzung aberuffen, wou ee kann iwwert de Contenu vum CNA eng Kéier diskutéieren an ech hoffen, dass déi dann am Hierscht ka stattfannen.

Ech kommen zum Schluss nach kuerz op dee sougenannte Centre Culturel Régional vun Diddeleng ze schwätzen, dee jo kee richtege Centre Culturel ass, wéi ech mer en eigentlech géif virstellen. Et ass u sech

eng Museksschoul vu regionalem Charakter, mat engem Auditoire, deen d'Museksschoul deelt a mat relativ geringfügegem Espace fir aner Aktivitéiten.

Et ass bedauerlech, dass eben aus finanzielle Grënn et net méiglech war, deem Centre Culturel eng richteg regional Envergure ze ginn. D'Lokalisatioun vun där berühmter Plaz fir d'Buch, wéi de Premier dat ëmmer genannt huet, ass natierlech och aus enger Nout eng Tugend gemaach, well de Stadkär vun Diddeleng sech geschäftlech net méi esou rentéiert a wann dann ee Geschäft an d'Industriezon plënnert, ginn déi Raim fräi an da gëtt gesot, da maache mer eis Bibliothéik dohinner an dat fanne mer immens gutt.

Ech fannen d'Buch, dat souwisou jo schonn immens diskriminéiert ass par rapport zu anere Medien, hätt wierklech eng gutt Plaz fonnt a Kohabitatioun mam Centre Régional a mam CNA, an ech fannen et bedauerlech, dass et huet missen esou wäit kommen, dass erëm eng Kéier d'Bibliothéik déi ass, déi huet misse leiden ënner finanzielle Schrumpfungsoperatiounen. Ech denken, dass déi künstlech Ausbauméiglechkeeten dozou féieren, dass awer vläicht nach iergendwann déi eenzel kulturell Aktivitéiten ënner engem Daach sinn an net eng delokaliséiert gëtt an déi aner net.

Wann ech nach eng Minutt Zäit hunn, da maachen ech och nach eng Remarque zu deenen anere kulturellen Institutiounen, iwwert déi den Här Di Bartolomeo schonn hei geschwat huet, nämlech dee vum Centre de Migrations humaines, dee jo en fait och eng national Bedeitung huet. Ech hat och schonn eng Motioun hei preparéiert, fir deem Centre méi Moyenen ze gin. D'Mme Ministerin huet mat Recht gewarnt, dass een net soll esou eng Lawin lassloossen, well op eemol komme se vun alle Säiten hier.

Ech wëll awer drop opmierksam maachen, dass deen Dokumentatiounszentrum zu enger Problematik, déi mindestens esou wichteg ass fir Lëtzebuerg wéi Medien, nämlech d'Migratioun, eigentlech exclusivement op Bénévolat schafft, während aner Institutioune fir hire Fonctionnement 200 Milliounen d'Joer zur Verfügung hunn.

Ech wëll elo net déi eenzel Institutioune géinteneen oprechnen, mä ech konnt mech awer, wéi ech recherchéiert hunn, erënneren, dass ech 1995 oder 1996 eng Motioun hei abruecht hat, déi och ugeholl ginn ass, dass ee soll eng Planification pluriannuelle maachen, fir e bëssen eng besser Gewiichtung tëschent deene ganz groussen Institutiounen, deene mëttleren an och deene klengen, éischter A.s.b.l. gedroenen Institutioune ze maachen. Ech weess just, dass deemools den Här Lardite eng Kéier esou eng Planification pluriannuelle presentéiert huet a Form vun engem Dossier, deen awer nëmmen d'Infrastrukture betraff huet. Ech wier frou, wann een emol eng Kéier géif op de Wee goen, dass een op enger Basis vu fënnef oder zeng Joer zu enger besserer Ventilatioun vun der Ënnerstëtzung, souwuel baulecher, wéi inhaltlecher a personeller Natur vun deenen eenzelnen Institutioune kënnt kommen.

Dat gesot, wëll ech trotzdeem an trotz all deene Blécker op de Rëss am Porzelläin den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn. Ech wëll awer nach eng Kéier betounen, dass ech mam zweeten Tiret vun där Motioun gewësse Problemer hunn.

*(Interruption)*

Ech hu se mat ënnerstëtzt, well ech der Meenung sinn - an déi aner Fraktiounen hunn dat jo och alleguer gemaach -, dass et wichteg ass, dass déi Fotovoltaikinstallatioun nach an dat Gebai kënnt. Wann deen zweten Tiret awer dozou féiert, dass een elo bei all künftegem Projet kann eigentlech Dépassementer matabauen, da géif ech einfach den Auteur vun der Motioun nach eng Kéier opfuerderen, wann déi aner domat d'accord sinn, deen Tiret einfach ewechzeloossen, well dat préjudiciéiert jo net deen éischten Tiret, nämlech dass déi Installatiounen awer solle gebaut ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).-* Här President, ech wollt just eng Prezisioun ginn zu eppes wat den Här Garcia gesot huet, wat en als Diddelenger awer eigentlech besser misst wëssen. En huet gesot, Diddeleng wier net am Klimabündnis. Selbstverständlech ass Diddeleng am internationale Klimabündnis, well mer och mengen, dass Klimabündnisfroen éischter eng Saach vun internationaler Approche sinn.

Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Jeannot Krecké.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).-* Här President, ech wëll zum Schluss vum Débat net déi ganz grouss Opbrochstëmmung hei trüben, mä ech muss am Numm vu menger Fraktioun awer e puer Saachen an Erënnerung ruffen a vläicht och an enger Fonctioun déi ech par ailleurs hunn, nämlech als President vun der Budgetskontrollkommissioun.

Ech fannen dat do flott. D'lescht Woch hunn ech dat verpasst, wéi den Här Loes hei och gemengt huet, et wier net schlëmm, wa Parkingen net an engem Projet mat dra wieren. Dat kënnt een ëmmer nach bäimaachen.

Ech wëll d'Kolleegen awer trotzdeem drun erënneren, dass mer mussen an Zukunft oppasssen, och bei aller Begeeschterung, déi mer kënne fir déi bescht intentionnéiertst Iddi hunn.

Här President, et schéngt, den Här Loes huet e grousse Besoin.

**M. le Président.-** Den Här Loes huet d'Wuert.

**M. Nico Loes** *(CSV).-* Wann et méi deier gëtt, da kann ee jo nach eng Kéier virun d'Chamber kommen,

wa Méiglechkeete bestinn, fir am Kader vun engem Projet esou Saachen duerchzezéien.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).-* Da muss ee virun d'Chamber kommen an dorop wollt ech elo kommen!

Bei aller Begeeschterung fir gutt Iddien, an dat hei ass jo eng . . .

**Une voix.-** Dir schoulmeeschtert eis!

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).-* Neen, ech schoulmeeschtere keen, mä ech muss awer effektiv soen, esou wéi den Här Garcia et ausgedréckt huet, war ech effektiv bal vum Hocker gefall, wéi ech dat hei gelies hunn.

Ech wëll déi gutt Iddi net bremsen. Wann hei Leit fannen, dass mer sollen higoen an eng Fotovoltaikinstallatioun an den CNA abauen, dann ass dat fir mech iwwerhaapt kee Problem. Wann een awer mengt, et kënnt een dat maachen doduerch, dass een iwwert den Devis geet an dass et duergeet an enger Motioun, dass mir hei an der Chamber soen, et ass an de Rei, fuert driwwer ewech, da muss ech soen. Ënner kengen Ëmstänn!

*(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.-** Lauschtert dach dem Här Krecké no! En huet Recht. Wann e President vun enger Kontrollkommissioun ass, da géing e seng Aarbecht net maachen, wann en näischt géing soen. Loosst mer dat Gestëppels dach hei op der Säit loossen! En ass President vun enger Kontrollkommissioun an da kann en dach net soen: Majo Jongen, fuert esou weider! Mir brauche keng Gesetzer méi, mä mir stëmme Motiounen a maache wat mer wëllen!

Mir haten elo eng interessant Diskussioun an et huet jidderee nogelauschtert. Lauschtert och elo wann ech glift wat den Här Krecké ze soen huet! Ech sinn iwwerzeegt, dass en eng verstänneg Propositioun mécht.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).-* Ech appréciéieren de Kolleegen hir Begeeschterung dofir. Et ass och gutt, dass se dat gemaach hunn. Ech huelen un, dass d'Ministesch och higeet a probéiert am Kader vun där Enveloppe, déi mer elo definéieren, dat do anzebauen.

Ass dat net méiglech, Mme Minister, kennt Der d'Positioun vun eiser Kommissioun. Da muss e législative Wee gaange ginn, egal wéi een dat wëllt maachen. Wann een net am Kader vun der Enveloppe ka bleiwen, da muss een eben deen anere Wee goen, egal wéi gutt d'Iddi ass. Et deet mer Leed, Här Loes, an dofir wollt ech d'Kolleege froen, ob se d'accord wäre mat folgender Ëmännerung vun hirer dach esou gudder Motioun.

*(Interruptions diverses)*

**M. le Président.-** Lauschtert no, fir dass Der herno wësst wouriwwer Der ofstëmmt!

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).-* Am véierten Alinéa, wou Der d'Mme Ministesch félicitéiert, géing ech lech bieden no „félicitant la volonté de Madame la Ministre, exprimée en commission, d'équiper le bâtiment d'une installation photovoltaïque", de Rescht ewechzeloossen, well ech hunn nach kee gesinn, dee kann e Minister félicitéiere well en, ouni ze amendéieren, iwwert de Präis kann ewechgoen.

Da géinge mer am Dispositif herno selbstverständlech den zweeten Tiret ewechloossen a mir géingen zu der Mme Minister soen, si soll kucken déi fromm Wënsch an déi ganz gutt Intentioun vun der Chamber mat eriwwer ze huelen, am Kader vun deem wat méiglech ass. Ass et net méiglech, da weess se dat jo mat Zäit an da ka se an d'Kommissioun vun der Budgetskontroll kommen an da muss ebe légiféréiert ginn iwwert dee Wee, dee mer da fir gutt fannen. Ech hoffen, dass d'Kolleege mat där Propositioun, déi jo gutt gemengt ass, d'accord sinn.

**M. le Président.-** Den Här Ady Jung freet d'Wuert.

**M. Ady Jung** *(CSV), rapporteur.-* Här President, honorabel Kolleeginnen a Kolleegen. Als Auteur vun der Motioun an als Rapporteur vum Projet wëll ech däitlech soen ëm wat et geet.

An der Kommissioun ass déi Problematik do mat aller Däitlechkeet an Nodrock analyséiert ginn an eestëmmeg ass festgehale ginn, dass eng Fotovoltaik eng absolut Noutwendegkeet wier.

D'Mme Minister huet och Ursaache genannt, firwat dass dës net am Projet dra wier. Dat huet se däitlech erkläert an si wäert dat wahrscheinlech och uschléissend rappeléieren.

Mä d'Kommissioun war der Meenung, dass dat sollt geschéien. Déi zoustänneg Beamte vun de Bâtiments publics, déi dobäi waren, hunn eis drop opmierksam gemaach, dass esou eng Fotovoltaik tëschent 20 an 30 Millioune kënnt kaschten.

Wann dann d'Chamberkommissioun an uschléissend och d'Chamber awer der absoluter Meenung sinn, dass een dat sollt a misst maachen, da musse se awer och konsequent sinn, well soss nennen ech et eng politesch Schizophrenie, wa mer am Virfeld wëssen, dass eppes 20-30 Millioune méi deier gëtt, wat mer verlaangen, wa mer awer net bereet sinn an enger Motioun - et ass net méi an net wéineger - eng Absichtserklärung anzeschreiwen, datt mer bereet sinn, wann dat geschitt ass, dann och hei nodréiglech deen Dépassement ze stëmmen. Et ass näischt aneschtes gesot.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).-* Entschëllegt, Här Jung, mir kënnen näischt nodréiglech stëmmen. An Zukunft muss et esou si laut dem Kontabilitéitsgesetz, dass déi Engagementer, déi d'Regierung hëlt, nëmmen am

Kader vun deem kënne gemaach ginn, woufir se e Kredit huet. A mir kënnen näischt méi nodréiglech stëmmen.

*(Interruptions diverses)*

D'Kontabilitéitsgesetz ass eréischt „d'application" duerno.

**M. Ady Jung** *(CSV), rapporteur.-* Här President vun der Kontrollkommissioun, da wëll ech lech awer soen, an dat huet d'Mme Minister och däitlech gesot, wann dee Projet amendéiert gi wier, esou wéi mer et alleguer gewënscht hunn, dann hätt dat mindestens sechs Méint Verzögerung bedéngt.

Mir sti virun der Vakanz. Éischtens hätt et emol missen technesch geplangt ginn an zweetens hätt missen den Instanzewee erëm eng Kéier beschratt ginn. An ech soen lech, bei engem Projet vun 1,6 Milliard bedéngt eng Verzögerung vu sechs Méint in etwa tëschent 12 a 15 Millioune méi Käschten, ganz einfach duerch d'Zäitverschiebung an et soll ee virsichteg sinn, fir déi net muttwëlleg a Kaf ze huelen.

Ech wollt dat leedeglech dozou soen an ech wëll nach eng Kéier ënnerstäichen, dass ech awer houfreg sinn, datt sämtlech Spriecher vun de Fraktiounen, déi sech um Projet ganz besonnesch interesséiert hunn, bereet waren déi Motioun, esou wéi ech se abruecht hat, ze ënnerschreiwen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech verstinn déi Opreegung hei net iwwert d'Motioun an zwar aus deem einfache Grond, well all Fraktiounen d'accord sinn, datt déi Installation photovoltaïque soll kommen.

Dat Zweet ass, datt et ganz evident ass, datt eng Motioun net kann eng Disposition légale annuléieren, datt also, wann et zu engem Dépassement de devis kënnt, d'Mme Ministerin muss heihinner kommen a mat engem neie Projet de loi déi Adaptatioun virhuelen.

Dat Eenzegt wat heimadder autoriséiert a gesot gëtt, dat ass, datt wann et zu engem Dépassement kënnt, mir dat net wäerte kritiséieren, wann deen Dépassement eenzeg an eleng op Basis vun der Installation photovoltaïque geschitt. Et ass esou wéi mir et gesinn hunn, well mir wësse ganz gutt, datt am Kader vun deenen Debatten hei esou eppes ka geschéien.

D'Iddi wor, fir ze kucken, dass mer séier mam Bau sollte virukommen, mä ons Intentioun wor et manifestement net, fir elo eng Violatioun vun de gesetzlechen Dispositioune virzegesinn.

Etant donné, dass den Devis wäert souwéisou adaptéiert misse ginn, wa bis déi éischt Ausschreiwungen a Cahiers de charges gemaach gi sinn. Et wäert een da gesinn, a wat fir engem Mooss dat muss sinn. Ech mengen, hei wor et just fir der Regierung ze soen, dass mer deen Dépassement, wann et géing zu engem Dépassement kommen, net géinge kritiséieren.

Dat wor déi Explikatioun, déi mir zu dëser Motioun ginn hunn. Wann déi Explikatioun net acceptéiert gëtt, dann ...

*(Interruption)*

Ech ka justement franséisch an ech sinn och Jurist, an hei ass eng Dispositioun, déi absolut esou an der Rei ass. Wann et dat net ass, dann zéie mir ons Ënnerschrëft zréck.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.-** Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir sollten dach emol fir d'éischt d'Ministesch héieren. Mir hunn nach net emol héieren, wat d'Stellung vun der Regierung ass a scho schwätzt Dir iwwert d'Motioun. Et war bis elo üblech, dass d'Regierung Stellung zu deem, wat gesot ginn ass, hëlt, an da kommen d'Motiounen. Elo verschéisst Der Äert Polver scho virdrun, Dir hutt d'Ministesch nach iwwerhaapt net héieren.

D'Wuert huet d'Mme Minister vun den öffentleche Bauten, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges,** *Ministre des Travaux publics.-* Merci, Här President. Ech wëll versichen an deenen 10 Minutten, déi mir zur Verfügung stinn, op all Froen ze äntweren a menger Freed Ausdrock ze ginn, an zwar fir d'alleréischt dass déi Diddelenger Musiksschoul gutt Raimlechkeete kritt.

Ech wëll drun erënneren, dass déi Musiksschoul emol eng Kéier eege Raimlechkeeten hat, an zwar direkt nom Krich, wou en eegent Gebai fir d'Musiksschoul zur Verfügung stung, wat dunn awer am Laf vun der Zäit huet missen engem anere Bau wäichen. Ech si mer bewosst, dass mat 700 Schüler déi Diddelenger Musiksschoul duerchaus ee regionale Charakter huet, an dass se domat och dee Kader verdingt, deen deenen Aktivitéite gerecht gëtt.

Fir den CNA ass et d'Enn vun enger laanger Zäit, wou se op dat neit Gebai gewaart hunn, mä et ass net d'Enn vun all Expansioun, souwuel vum Institut wéi och vun de Gebailechkeeten.

Mir hunn hei e Bau vir, dee jiddenfalls deenen aktuellen Aktivitéite vum CNA voll Satisfactioun gëtt, wou doriwwer eraus déi bedeitend Kollektioun vum Edward Steichen „Bitter years" richteg zur Geltung kënnt, esou dass dann och de Leserbriefschreiber, dee sech ëmmer domat beschäftegt, déi Kéier misst zefridde sinn.

Et ass an deem Sënn e Moment, dee weist, wéi e Kulturservice, well eigentlech ass de CNA nach keen eigentlecht Kulturinstitut, sech opgebaut huet opgrond vun engem Besoin, dee bestanen huet, a wéi

dee Service awer och nach weider Aufgabe wäert kréien. Ech denken do ganz besonnesch un deen Tounarchiv, dee mer vun der CLT iwwerholl hunn, an deen eigentlech nach net esou valoriséiert konnt ginn, wéi en dat géif verdingen. Dat ass eng fantastesch Mémoire vun eisem ganze Kulturliewen, déi unique ass, an déi dofir och an nächster Zäit wäert missen eng gréisser Attentioun kréien, fir dass mer déi zwee, den Audio an de Visuel gläichermoossen am CNA valoriséieren an eiser Kulturpolitik zouféieren.

De Projet, deen huet eng laang Genèse. En ass vun zwou Regierunge virbereet ginn. Ech hunn e Projet virfonnt, deen an dem pluriannuelle Budget mat 1,2 Milliarden ageschriwwe war. Mir sinn elo bei 1,6 Milliarden. Mir hunn also Upassunge gemaach. Mir hunn och Situatioune virfonnt, déi virverhandelt waren. Dat wëll ech all deene soen, déi hei Bemierkunge gemaach hunn zum Terrain, zum Assainissement. Et kann ee sech zu Recht déi Froe stellen. Firwat gëtt hei den Assainissement vum Stat bezuelt? Et war e Verspriechen do vu mengem Virgänger. Esou si mer da mat deene Konditiounen, déi zu deem Zäitpunkt scho mat der Diddelenger Gemeng verhandelt gi waren, virugefuer. Och d'Aart a Weis wéi den Terrain sollt kaaft ginn, war am Virfeld scho gelaf. Déi Adaptatiounen, déi mir zum Projet ze maachen haten, dat ware reng baulecher. Derniewent kënnt déi Konventioun tëschent der Gemeng Diddeleng an dem Stat.

Et ass zu Recht hei gesot ginn, dass déi regional Roll, déi Kulturinstitutiounen hunn, vum Stat begleet soll ginn, mä grad esou wichteg ass et fir de Kulturministère, dass och d'Gemengen hiren Apport bréngen, an dass d'Gemengen eng aktiv Kulturpolitik maachen.

Zurzäit hu mer de Kulturzentrum vun Ettelbréck. Mir hunn d'Schluechthaus vun Esch, de Kulturhuef zu Gréiwemaacher, déi gemeinsam subventionéiert ginn. Mir wäerte mat där Politik virufueren, an dofir ass et zum Gudde vun de kulturellen Aktivitéiten, wann d'Gemenge méi an d'Kultur investéieren.

Déi Froen, déi gestallt goufen, déi hunn ënner anerem och d'Fro vum Parking opgeworf. Et ass natierlech eng Plaz an Diddeleng, wou zu den Zäite wou de Kulturzentrum haaptsächlech vu groussen Zuele besicht gëtt, kee Parkmangel ass, esou dass een emol roueg sech kann dat entwéckele loossen an da kucken, well jo Terrain genuch ronderëm ze kréien a fräi ass, fir dann eventuell de Parking ze vergréisseren. Ech denken, dass mer do mat der Gemeng Diddeleng absolut keng Schwieregkeete wäerte kréien.

Déi Konventioun, huet d'Chamber zur Verfügung gestallt kritt. Dir verstitt, dass mer net eng Konventioun kënnen ënnerschreiwen, ier mer e Projet de loi gestëmmt hunn. Mir wäerte bei där Konventioun och iwwert déi Bemierkungen, déi gemaach gi sinn, nach zesumme schwätzen. Ech géif allerdings soen, mir hunn ee Modus vivendi fonnt, fir ënner Musiksschoulen a mat de Gemengen eens ze ginn, esou dass ech net géif eng Nécessitéit gesinn, och nach e Vertrieder vu Betebuerg an déi Kommissioun eranzehuelen, well dat effektiv nëmmen d'Aktivitéite vun der Musiksschoul betrëfft, an et do aner Gremië gëtt, wou ënner Gemengen zesumme geschwat a geschafft gëtt.

Wat dann elo d'Interventioun vun der Chamber zum Equipement photovoltaïque ugeet, do wëll ech lech soen, Här President, déi Motioun ass esou schéin, dass ech mer se wäert arumme loossen an iwwert mäi Bett hänken, well ech liesen hei, vun alle Fraktioune vun der Chamber ënnerschriwwen, ganz schéi Saachen.

Ech hunn natierlech do meng eege Vuen. Ech gesinn, dass de gemeinsame Wëllen e gudden ass. Mir wëlle jo eppes maachen, fir de Projet nach besser ze maachen, wéi en zu dësem Zäitpunkt ass. Ech géif eng Propositioun maachen. Ech weess net, ob d'Chamber domat d'accord wier, well mir si jo an engem constitutionnelle Rahmen. Mir kënnen net iwwert eng Motioun en Devis amendéieren. Mir mussen dann e richtegen Amendement maachen. Wa mer e richtegen Amendement maachen, da musse mer dräi Méint waarden, ier mer kënnen zum zweete Vote iwwergoen. Da kënne mer eis Aarbechten net viruféieren. Mir kréien awer an der Zwëschenzäit een anert Gesetz, wat déposéiert gëtt, a wann d'Chamber domat d'accord wier, da géife mir deen ëm 20 Milliounen adaptéierten Devis an de Budget aschreiwen, dann hätte mer à la fois d'Geleeënheet bei de Budgetsdebatten, deen amendéierten Devis zur Kenntnis ze huelen, anerefalls kommen ech da selbstverständlech, wann dat net sollt acceptéiert ginn, mat engem Gesetz heihinner zréck. Dofir denken ech, dass mer jiddenfalls dat Zil erreechen, dat heescht engersäits séier ukomme mam Bau an anerersäits awer och déi Equipementer vun der Fotovoltaik kënne bäifügen.

Dat gesot, soen ech alle Riedner merci. Mengersäits soen ech selbstverständlech och der Direktioun an de Mataarbechter vum CNA mäi Luef, well et ass eng Institutioun déi gutt schafft, a mir wäerten deemnächst och driwwer befannen, ob mer aus dem CNA e richtegt Kulturinstitut solle maachen.

An deem Sënn merci fir de positive Vote.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP).-* Här President, ech menge wierklech, dass mer esou schnell wéi méiglech mussen higoen an e Modus vivendi fannen, wat d'Applikatioun vum Artikel 99 vun der Verfassung ubelaangt, well mir kréien hei systematesch där do Saache proposéiert.

Ech muss nach eng Kéier dem Här Jung awer soen: Wann Dir an der Kommissioun festgestallt hutt, dass

dat een Amendement géing ginn, da kennen ech de Statsrot awer vu senge gudden a schlechte Säiten. Hien huet déi lescht Zäit ëmmer bewisen, dass, wann do nëmmen esou e klenge minimen Amendement vun Iech komm wier, dee bannent 14 Deeg zréckkomm wär. Also empêchéiert kee Mënsch Iech en Amendement ze maachen. Wann Der da gesitt, dass et net kënnt, da loosst Der et eben derbei. Wann Der gesot hätt, mir wëllen dat virun der Vakanz stëmmen, da wier et dann och nach egal gewiescht, wa mer dat an der Woch vum 12., 13. gestëmmt hätten. Dat ass de Wee, deen Dir hätt kënne goen.

D'Mme Minister weess ganz genau a mir hu jo och expliziéiert kritt, esougutt wéi Dir, dass mer hei op relativ vaguë Chiffre schaffen, wa mer eng Enveloppe définéieren. Ech sinn iwwerzeegt, dass wann e bëssen opgepasst gëtt, dass se esouguer bei esou enger grousser Enveloppe och 30 Milliounen duerch eng Ëmschichtung fäerdeg bréngen eranzekréien. Wann dat net méiglech ass, da muss een deen anere Wee goen.

Ech wëll awer drop hiweisen, dass d'Meenung vun eiser Fraktioun, déi ech och de Mëtteg nach eng Kéier wëll ausdrécke beim Mamer Lycée, als exceptionnell Mesure ze gesinn ass. Wéi mir gesot hunn, bei Mamer hänke mer eng Modifikatioun vun engem Baugesetz un e Fonctionnementsgesetz vun enger Schoul elo als Iwwergank drun, well mer net definéiert hunn, wéi mer virginn. Ech wëll awer drop hiweisen, dass dat keng Praxis ass, déi eis Fraktioun an Zukunft wäert ënnerstëtzen, dass elo an iergendee Projet mer een Direkter maachen, dann awer och nach den Devis vum Bauprojet dra setzen. Dat geet einfach net, op alle Fall net an den Ae vun eiser Fraktioun. Dat wollt ech feststellen.

Ech hunn awer och niewent deenen interessante Stellungnahmen notéiert, dass den Här Henckes gesot huet, dass hien am Virfeld vun engem Projet, deen him an de Krom passt, kann ukënnegen, dass trotz engem Devis, dee klor dépasséiert gëtt ouni legal Autorisatioun, hie schonn d'office am Viraus ka soen, hie géing de Projet net kritiséieren, wann dat géing kommen. Ech hunn dat eng interessant Ausso fonnt, an ech wäert nach oft dorunner denken.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).-* Här President, ech muss soe bei allem Luef, deen elo ausgedréckt gëtt iwwert déi vum Inhalt hier gutt Motioun, ee kënnt dat och emol anescht gesinn a soen, dass wann den Här Garcia net drun erënnert hätt an der Kommissioun, dass et eigentlech misst normal sinn, wann esou Gebaier wéi dat hei geplangt ginn, dass dat virgesi gëtt, also eigentlech e Reflex misst bestoen, fir d'office dat anzeplangen, da bräichte mer iwwerhaapt net ze diskutéieren iwwer Amendementer zu Gesetzer. Hei war et erëm eng Kéier gutt, dass déi Gréng an der Kommissioun de Reflex haten, fir drop hinzeweisen.

*(Hilarité)*

Wéi dann? Ass dat wouer, Här Clement, wat ech soen oder ass et net wouer? Firwat war et dann net am Projet dran, wann et net wouer ass, wat ech soen?

**M. Lucien Clement** *(CSV).-* Déi Gréng hunn och hei ënnerschriwwen.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).-* Fir verschidden inhaltlech Saachen ass dat scho richteg. Dofir si mer jo och do.

Zweetens wëll ech soen, dass mer dat heiten als Motioun net kënnen droen, wann dee leschten Tiret net erausgeholl gëtt.

*(Interruption)*

Här Clement, gitt mer emol eng Chance. Ech kann duerchwegs novollzéien, dass am Eifer des Gefechts an am Elan fir eng gutt Saach...

*(Interruption)*

Här President, wann den Här Clement gären en Zwiegespréich mat mir hätt, ech si gäre bereet dat ze féieren, mä e soll amplaz ze laachen an d'Luucht aus ze kucken, opstoen a Froe stellen, da kënne mer e klengen Discours féieren iwwert déi Motioun.

**M. le Président.-** Fuert virun Här Bausch. Déi aner solle roueg sinn an nolauschteren.

*(Interruptions diverses)*

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).-* Här Di Bartolomeo, wann ech dat géing zu Iech soen, wann Dir hei um Pult stitt a schwadronnéiert, da géinge mer oft éischter heemgoen.

*(Hilarité)*

Fir zréckzekommen op d'Motioun. Am Eifer des Gefechts hunn d'Leit vun alle Fraktiounen, déi natierlech net esou am Alldag dra sinn an der Budgetstechnicitéit wéi déi Leit, déi an der Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire sinn, dee Passus do matgedroen.

Et ass awer esou, dass den Här Garcia, nodeem ech mat him geschwat hunn, mer selbstverständlech gesot huet, dass eis Fraktioun der Meenung ass, dass deen Tiret erëm misst erausgeholl ginn.

Ech wëll der Mme Minister zur Prozedur soen, déi si hei proposéiert huet, fir iwwert de Budget ze fueren oder deen anere Wee, dass esou laang mir an der Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire an och duerno anschliessend hei am Parlament net eng Kéier eng definitiv Décisioun geholl hunn, wéi mir an Zukunft mat deenen do Saachen ëmginn, esou laang ass fir eis als Fraktioun klor, dass mer weder jo nach nee soen zu deene Proposen, wéi d'Mme Minister an

Zukunft hei wëllt virgoen, an datt mir eis eigentlech dann zréckzéien op dat, wat de Moment dat ass, wat muss gemaach ginn, nämlech e Gesetz muss nobruecht ginn.

Wann awer déi Prozedur endlech festgeluegt gëtt an deementspriechend och - an dat ass jo dat, wou et drop ukënnt - d'Kontabilitéitsgesetz endlech amendéiert gëtt, da kann et duerchwegs sinn, datt bei esou engem Projet wéi dësem, mat esou enger finanzieller Envergure - an dat ass net nëmme wéinst deem Projet, ëm deen et sech hei dréit, well deen och eis arrangéiert als Gréng, mä dat kéint och bei anere Saachen de Fall sinn -, mir eis mat esou enger Prozedur kéinten averstanen erklären. Mä mir mengen, da misst d'Kontabilitéitsgesetz amendéiert an deementspriechend à jour gesat ginn en fonction heivunner.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).-* Dann ännere mer elo net d'Prozedur, mä d'Gesetz?

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).-* Neen! Oh, Här Di Bartolomeo, wësst Der, ech verstinn, datt Dir natierlech mat deem Minister, deen Dir am Bauteberäich an deene leschte Joren hat,...

*(Interruptions)*

...ganz gär heiriwwer Witzer maacht, amplaz am Detail driwwer ze diskutéieren.

*(Interruptions)*

Mä ech wëll Iech just ee gudde Rot ginn: Maacht léiwer keng Witzer, well déi falen Iech wéi schwéier Zillen an deenen nächste Méint op de Kapp!

*(Interruptions diverses)*

**M. le Président.-** Den Här Jung freet d'Wuert.

**M. Ady Jung** *(CSV), rapporteur.-* Merci, Här President, fir d'Wuert. OP Grond vun den Erklärunge vun der zoustänneger Ministesch,...

**Plusieurs voix.-** Ah!

**M. Ady Jung** *(CSV), rapporteur.-* ...déi eis e Wee opgezeechent huet, fir aus deem Dilemma erauszekommen, géif ech mech als Auteur vun der Motioun,....

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

virausgesat datt d'Co-Signatairen averstane sinn, sech also d'accord erklären, fir beim véierte Punkt de Passus „sans pour autant devoir amender le projet de loi 4772" an den zweeten Tiret ze sträichen.

Merci.

***Motion 1 modifiée***

*- Saluant l'aboutissement des efforts en vue de doter le Centre National de l'Audiovisuel de nouvelles structures sous un même toit avec le Centre Culturel Régional de Dudelange;*

*- constatant toutefois que le projet ne comprend pas de crédit expressément destiné à l'installation d'équipements pour une utilisation rationnelle de l'énergie;*

*- considérant que la politique du Gouvernement a opté pour la propagation d'énergies renouvelables, entre autre pour l'installation d'équipements photovoltaïques dans les immeubles publics à construire;*

*- félicitant la volonté de Madame la Ministre, exprimée en commission, d'équiper le Bâtiment d'une installation photovoltaïque,*

*la Chambre des Députés*

*- insiste à ce que le bâtiment pour le Centre National de l'Audiovisuel et le Centre Culturel Régional de Dudelange soit équipé d'une installation photovoltaïque.*

*(s.) Ady Jung, Mars Di Bartolomeo, Robert Garcia, Gusty Graas, Jacques-Yves Henckes.*

**M. le Président.-** Den Här Jean-Paul Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).-* Mir ënnerstëtzen dat, wat den Här Krecké a senger Eegenschaft als President vun der Budgetskontrollkommissioun hei gesot huet a begréissen et, dass ausgerechent d'Sozialisten, déi während Joren de Bauteministère haten an do verantwortlech fir vill Dépassementer waren, elo zu enger neier Rigueur budgétaire fonnt hunn.

*(Interruptions et hilarité)*

Deemno si mer d'accord mat där Propositioun, déi den Här Jung gemaach huet, fir dann den zweeten Tiret ewech ze loossen an d'Motioun dann esou ze stëmmen.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Da komme mer zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4772 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4772.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 58 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Hals-*

*dorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par M. Nico Loes), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Fernand Greisen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

*(Assentiment)*

Et ass esou décidéiert.

*Motion*

D'Motioun ass expliziéiert ginn an d'Mme Minister huet och Stellung dozou geholl. Mir stëmmen da par main levée iwwert déi ofgeännert Motioun of.

*Vote*

Wien ass dofir?

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, d'Chamber hëlt dës Motioun eestëmmeg un.

Elo komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4738 iwwert d'Kräizung Escher a Märeler Strooss. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt.

Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Stendebach, Henckes, d'Mme Wagener an den Här Bisdorff. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Mme Ferny Nicklaus-Faber.

## 3. Projet de loi 4738 relatif au réaménagement du carrefour formé par l'A4 (route d'Esch-sur-Alzette à Luxembourg) et la rue de Merl moyennant construction d'un giratoire avec passage souterrain à 4 voies

*Rapport de la Commission des Travaux publics*

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Awunnerin vu Märel begréissen ech dëse Projet ganz besonnesch an et ass mer eng grouss Éier, en hei virzeleeën.

*(Interruptions)*

An deene leschte Joren ass de Staddeel Märel duerch d'Zouhuele vum Verkéier, d'Erweiderung vum Campus Geesseknäppchen an duerch de Park+Ride an der Rue de Bouillon verkéierstechnesch staark belaascht ginn. An nächster Zukunft gëtt de Parking ëm dat Duebelt erweidert, sou datt net manner wéi 2.600 Parkplazen an der Rue de Bouillon zur Verfügung stinn. Dëst huet e Réaménagement vun der Kräizung A4/Rue de Merl absolut noutwendeg gemaach.

An der Regierungserklärung vum 12. August 1999 huet de Statsminister Jean-Claude Juncker ugekënnegt, weider Investitiounen an d'Stroosseninfrastrukturen ze maachen, fir engem modernen a performante Stroossennetz gerecht ze ginn. De Projet, deen mer elo hei am Plenum virleien hunn, integréiert sech an dës ugekënnegt Politik.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 12. Dezember 2000 huet d'Bauteministerin dëse Projet an der Chamber déposéiert, deen ënner anerem och eng Estimatioun vun de Käschten enthalen huet, dëst konform zum Artikel 79 vum 99er Gesetz iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat.

An der Sitzung vum 18. Dezember 2000 ass d'Commission des Travaux publics zesummekomm, fir e Rapporteur ze bestëmmen an an der Sitzung vum 26. Mäerz 2001 huet d'Kommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot analyséiert, deen den 13. Mäerz 2001 erauskomm ass.

De Réaménagement vun der Kräizung gesäit e Rond-point mat engem ënnerierdeschen Tunnel mat 4 Spuere vir, mat enger maximaler Längt vun 360 Meter. Dëse Rond-point garantéiert de Floss an d'Distributioun vum Verkéier op déi eenzel raccordéiert Stroossen. Déi ënnerierdesch Stroosseféierung garantéiert och e schnelle Passage vum Verkéier op dem Wee fir op d'Autobunn. D'Kapassitéit vum Giratoire gëtt duerch e Bypass vun der Rue de Merl a Richtung vun der Autobunn weider verstäerkt. E Ponceau ënnert der Märeler Baach complétéiert d'Aarbechten.